


KÄLTÉITENG

# Bulletin Communal

Mars 2016

**Séances du 19 mai 2015**
**et du 16 juin 2015**
***Sëtzunge vum 19. Mee 2015***
***a vum 16. Juni 2015***

## Gemengerot
## Sëtzung vum Dënschden,
## 19. Mee 2015

**Dauer :** vun 15h00 bis 17h00

**Präsenz :** John Lorent, Buergermeeschter, Patrick Brücher, Schäffen, Romain Becker, Astrid Belleville, Carlo Birchen, Romain Daubenfeld, José Gonçalves dos Anjos, Patrick Krings, Nico Migliosi, Viviane Petry, Camille Thomé, Jean Weiler, Conseiller, Nadine Braconnier, Sekretärin.
**Entschëllegt :** Marcel Humbert
**Ordre du jour :**

1. **Korrespondenz an Informatiounen**
   - 1.1 Décompte 2014 Office social

2. **Kontrakter, Konventiounen**
   - 2.1 Transaktioun Här Murati
   - 2.2 Konventioun 2015 Jugendtreff
   - 2.3 Konventioun SICONA / Weber
   - 2.4 Bail Bressler

3. **Finanzen**
   - 3.1 Restantenetat 2014
   - 3.2 Budgetsmodifikatioun – Reaménagement vum Téitenger Schoulhaff
   - 3.3 Devis – Bushaisercher
   - 3.4 Decompte 2014 Jugendtreff
   - 3.5 Budget 2015 Jugendtreff
   - 3.6 Don – pharmaciens sans frontières – Äerdbiewen am Nepal

4. **Ëmwelt**
   - 4.1 Avis – projet de plan des risques d'inondation
   - 4.2 Charta Klimapakt

5. **Punkte vun de Conseilleren Jean Weiler a Patrick Krings**

6. **Froen vun de Conseilleren**

7. **Geheimsëtzung**

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
*Déi di sollte kommen sinn hei, dofir géing ech iech em är Opmierksamkeet bieden fir déi ëffentlech Sitzung. Ier mir ufänken géing ech d'Madame Braconnier feststelle loossen ween als éischt gezunn gëtt, fir d'Reiefolleg vum Vote "le cas échéant" festzeleeën. Den Här Daubenfeld.*

**Romain Daubenfeld (Conseiller, LSAP)**
*Ja? (laachen)*

**Jean Weiler (Conseiller, CSV)**
*Ech wollt froen op mir kéinten eng Ännerung vun der Dagesuerdnung virhuelen, an zwar den éischte Punkt ënner "Contrats et conventions – transaction M. Murati", ob mir dat net kennen an de "huis clos" setzen?*

**Romain Becker (Conseiller, DP)**
*Ech wollt dat selwecht froen.*

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
*Jo.*

**Jean Weiler (Conseiller, CSV)**
*Merci.*

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
*Bon, mir kommen dorop zeréck, mir haten déi Diskussioun och. Bei der ëffentlecher Sitzung hu mir eng Partie Voten, an Tëschenzäit sinn e puer Saache geschitt. Ech well de Schäffen Marcel Humbert haut offiziell entschëllegen, dir wësst wat fir e Schicksalsschlag seng Famill erlidden huet. Jiddereen hat d'Geleeënheet fir individuell séin Matgefill auszedrécken, ënner anerem leschte Freiden. Et gehéiert sech awer och dass mir als Schäffen- a Gemengerot och kollektiv emol soen dass mir um Marcel senger Säit stinn an deene schwéiere Stonnen déi seng Famill erlieft. Dat kann ech am Numm vun alle Fraktiounen a Conseilleren haut zu Protokoll ginn.*

*Wat d'Dagesuerdnung betrefft, Här Weiler dat war jo de Punkt Murati, mir hunn eis selwer och gefrot ob den net besser seng Plaz am "huis clos" hätt well do eventuell Diskussioune kenne statt fannen. Ech hunn mat der Sekretärin kontradiktoresch diskutéiert, d'Madame Sekretärin ass formell dass dem Gemengegesetz no et an den ëffentlechen Deel gehéiert well et eng Konventioun ass mee et ass e Wackelpunkt an all Leit déi dovu betraff sinn, et wier am Interesse et éischter an der net ëffentlecher Sitzung ze beschwätzen, an mat ärem Averständnis géing ech dat maachen, dofir brauch ech awer e Vote.*

*Déi di mat d'Accord sinn fir dëse Punkt an déi net ëffentlech Sitzung ze verleeën bieden ech em en Handzeechen. Ass een dergéint? Enthält een sech? Ass net de Fall.*

**EESTËMMEGE VOTE**

*Ech machen och do méin "mea culpa", d'Fransousen hunn e schéinen Ausdrock de seet, "il ne faut pas confondre vitesse et précipitation". De "Contrat de bail Bressler" huet ënnert der Précipitaioun gelidden well mir sinn eis ausserhalb vun der Dagesuerdnung bewosst ginn dass mir den Notairsakt nach net ënnerschriwwen hunn, mir also formal nach net Propriétaire sinn vun dem Terrain. Soulaang deen nach net forma-*

*liséiert ass ass et net richteg deen an enger ëffentlecher Sitzung ze behandelen, dofir géing ech proposéieren de Punkt vun der Dagesuerdnung ze sträichen, sinn do Wuertmeldungen wat dat betrefft? Da géing ech och dat zum Vote stellen. Déi di mat d'Accord sinn fir de "Contrat de bail" mat der Famill Bressler vun der Dagesuerdnung ze sträichen bieden ech em en Handzeechen. Ass een dergéint? Enthält een sech?*

EESTËMMEGE VOTE

*D'Dagesuerdnung gëtt ëmmer méi kuerz, wat net heescht dat d'Sitzung méi kuerz gëtt.*

*Da wollt ech "d'ingresso" informéieren wat eis Zucht-Anlag vun der "Société avicole" ubetrëfft eng Partie ganz schlecht Noriichten kritt hunn ënnert anerem wat de Coût vun der Anlag betrefft. Ech hunn dorophin verfügt dass de Chantier soll gestoppt ginn bis mir den absoluten Iwwerbléck iwwert déi Affaire hunn. Et ass jo esou dass d'"Société avicole" "Maître d'ouvrage" vun der Anlag ass fir kennen d'Subsiden vun der Landwiertschaft ze genéissen. Mir haten hei am Gemengerot en Devis gestëmmt iwwert 403.912 Euro. Den hätte mir eigentlech net misste stëmmen well si prinzipiell de "Maître d'ouvrage" sinn, mir mussen awer emol décidéieren op déi "coûts supplémentaires" déi op eis duerkommen, spéitstens beim Budget 2016 musse mir doriwwer befannen. Mir kucken dat fir d'éischt nach zesummen an machen iech dann eng Propositioun wei de Wee viru geet. En attendant huet d'"Société avicole" en Bréif un de Landwiertschaftsminister gemach fir e "Subside supplémentaire" fir déi Käschten an de Minister huet e supplementaren Subside fir si décidéiert vun 59.000 Euro. Alles aneres diskutéiere mir nach emol, fir de Moment ass de Schantjen gestoppt et geet eréischt weider wa mir eis eens sinn wei et mat der Finanzéierung vun dem "coût supplémentaire" ass, mir hunn als Schäfferot d'"Société avivole" bestallt fir mat hinnen ze diskutéieren an da kritt de Gemengerot Informatiounen wei et mat dem Dossier hei viru geet. Ech well just virausschécken, fir déi Zuchtanlag net fäerdeg ze bauen dat wär "the worst option" an déi steet net zur Debatt, dat ass meng perséinlech Attitude dozou.*

*Déi Informatioun ginn hu mir nach eng Pièce am Dossier leien, d'Circulaire iwwert de "Late Night Bus", wat de Minister gedenkt an Zukunft bäizeleeën. Dir huet déi Pièce gesinn, dir kennt se och kopéiert kréien no der Sitzung. Dir wësst eis Konventioun mam "Night rider" leeft bis den 31. August an et fänkt un e bëssen ze brennen wéi eng "Solution de rechange" mir do aféieren. D'Madame Braconnier sot mir gëschter dass d'Käschten vun dem "Night rider" eis fortlafen vis-à-vis vun den Usagers an och dat ass eppes wat mir virum Summer mussen hei thematiséieren. Dat war déi zweet Einleitung.*
*Déi drëtt, huet den Här Daubenfeld gebieden d'Wuert ze kréien fir iech den Décompte 2014 vum Office social ze présentéieren. Ech huelen un dass d'Dokument kopéiert kritt hutt, den Här Birchen mécht dat, hien kennt sengem Beruff entgéint. Här Daubenfled, dir hutt d'Wuert.*

**Romain Daubenfeld (Conseiller, LSAP)**
*Merci Här Buergermeeschter. Wei dir wësst ass zanter dem néie Gesetz vum 1. Januar 2011 fir d'Sozialhëllef fir all d'Leit déi duerch iergend e Grond aus der Bunn gerode sinn, an ech well dat och soen an deene méschte Fäll ouni hiert verschëlden, d'Sozialhëllef ass gerecht ginn dat war net ëmmer esou. Se ass gerecht ginn fir déi Leit déi de Grond verluer hunn an net méi vir an hannen weider wëssen. Des Hëllef baséiert op engem sozialen Accompagnement den dräi Etappen huet, en ass kuerz-, mëttel a laangfristeg, déi Hëllef kann finanziell oder materiell sinn an dobäi kennt nach déi moralesch Begleedung, an ech mengen dat ass bal déi wichtegst wann an engem sengem Liewen eppes schief gelaf ass.*

*Dir gesitt an dem "rapport d'activité", de relativ deck ass, dass ganz dacks d'Leit no engem Enkpass hir Autonomie behalen oder se zumindest erëm kréien. Dofir e grousse Merci un eis zwou Assistantes sociales fir hir gutt Aarbecht am Joer 2014, "en fin de compte" hunn si de schwéiersten Job, si mussen de Leit nolauschteren, si kréien och net ëmmer d'Wouerecht gesot, si mussen tranchéieren an de Suivi vun den Dossieren maachen, an dacks genéieren d'Leit sech fir bei eis ze kommen. Nodeems de Conseil d'administration, dat ass jo och nei am Gesetz, seng Décisioun geholl huet mussen si d'Leit nees suivéieren.*

*E Merci och un eisen administrativen Staff, dat ass eis Sekretärin an de Receveur déi alles machen fir d'Leit aus hirer Nout eraus ze hëllefen.*

*E Merci un de Conseil de mam néidegen Wëssen a Gewëssen d'Dossieren behandelt. Mir hunn et fäerdeg bruecht, dat war an der Gemeng nach ëmmer esou, d'Politik komplett eraus ze halen an iwwert d'Parteigrenzen eraus de Leit sou gutt et geet ze hëllefen.*

*Ech hunn e puer Zifferen erausgepickt, d'Dokument ass immens laang, an eisen zwou Gemengen wunnen am Ganzen 13.260 Leit, de Chômagetaux leit 2014 ähnlech wei 2013 hei zu Kayl an Téiteng bei 8,62 Prozent an 11,21 Prozent zu Rëmeleng. Déi Leit déi an enger Beschäftegungsmoossnahm sinn, sinn do dobäi, well "en fin de compte" sinn dat Leit déi och keng Aarbecht hunn och wann se amgaang sinn drop preparéiert ze ginn fir zeréck op den Marché ze kommen, mee wat wichteg ass dass den Taux an eiser Gemeng méi héich läit wéi den nationalen Niveau, den ass bei 7,95. De "risque de*



*pauvreté" leit onverännert bei 15,9 Prozent, um nationalen Niveau gëtt et keng Statistiken. Mir hunn ab 2011 konstant pro Joer 400 Dossieren verschafft, 2011 waren et der 364, 2012 waren et der 402, 2013 387, an 2014 waren et der 371 dovun waren 170 néi Dossieren an 201 Dossieren wou de Suivi gemach gëtt. Ganz interessant: mir schwätzen ëmmer vun Dossieren, dat ass en einfacht Wuert, dohannert stinn mënschlech Schicksaler. 214 Dossieren hei an der Gemeng dat sinn 537 Persounen déi begleet gi sinn an 157 Dossieren zu Rëmeleng, dat sinn 456 Persounen, dat mëscht iwwer 1.000 Persounen déi Sozialhëllef brauchen.*

*Erschreckend 37 Prozent vun deenen déi Hëllef brauchen sinn Familien, an 36 Prozent sinn Monoparentalen mat engem oder méi Kanner, 18 Prozent si Koppelen, an 19 Prozent si Groussfamillen wou Bopi, Bomi, de Monni an de Brudder nach am Stot wunnen.*

*Déi meescht Leit déi eis Hëllef brauchen leien tëschent 40 an 49 Joer, gefollegt vun deenen tëschent 30 an 39 Joer.*

*De gréisste Problem un éischter Stell natierlech finanziell Problemer, direkt hannendrun kennt de Problem vum Logement, well vill Leit keen bezuelbaren Wunnraum fannen. Mir hunn am Office social décidéiert keng Kautiounen ze bezuelen, mir sichen dann aner Weeër, mir wëllen net deene falsche Leit d'Suen nach ginn fir Leit eng Wunneng zur Verfügung ze stellen, an déi herno ganz sécher net erëm ze kréien.*

*Eng lescht Zuel, vun 371 Dossieren déi mir am Verwaltungsrot haten hunn der 70 eng finanziell Hëllef kritt, déi aner waren sozial Begleedungen. Dat geet vun bei d'Leit heem kucke goen bis d'Leit op d'Verwaltunge begleeden.*

*E leschte Wonsch, de geet un d'Kollegen vum Schäfferot, eis Infrastrukturen déi mir zu Kayl hunn, zu Rëmeleng ass et zwar nach e bëssen méi schlëmm, sinn net ganz zäitgeméiss, fir Geld am Budget virzegesinn fir dass mir déi Leit an Dignitéit empfänken kënne, och déi Leit déi do schaffen, dass déi sech kennen an enger Kichen eppes waarm machen an uerdentlech op d'Toilette kenne goen. Déi Leit déi keng Stëmm an der Gemeng hunn, déi Ärmst vun deenen Aarmen fir dass déi och eng gewëssen Dignitéit hunn.*

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
*Villmools Merci Här Daubenfeld, zum leschte Punkt, mir sinn amgaang drun ze schaffen d'Architektin ass amgaang ze plangen an da kennt iergendwann den Devis an de Gemengerot.*

## 2. Kontrakter, Konventiounen

### 2.1. Konventioun 2015 Jugendtreff

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
*Komme mir zum Punkt 2, Konventioun 2015 mam Jugendtreff an ech géing dem Schäffen Brücher d'Wuert ginn.*

**Patrick Brücher (Schäffen, déi gréng)**
*Op finanzieller Säit beleeft sech d'Konventioun mam Jugendhaus fir d'Säit vun der Gemeng op 132.848 Euro, mir bedeelegen eis wéi üblech mat 50 Prozent. En total sinn 112.000 Euro fir d'Paien virgesinn an 20.000 Euro fir d'Funktionementskäschten. Ech well op dëser Plaz soen dass d'Jugendhaus eng ganz gutt Aarbecht gemach huet an ech hoffen dass si op dem Wee bleiwen, si hunn vill interessant Projeten realiséiert. Virun allem freet et mech dem Gemengerot matdeelen ze kennen dass, ee Problem dem am Jugendhaus oft war ass d'Participatioun vun de Meedercher ënnert dem Niveau vun de Jongen loung, an si hunn et réusséiert duerch Projeten déi méi op d'Interesse vun de Meedercher zougeschnidde waren méi den Interesse vun de Meedercher ze kréien an d'Participatioun em 6 Prozent ze steigeren par rapport zum Joer virdrun, fannen ech eng gutt Saach. Et gesäit een dass d'Jugendhaus sech ganz vill Méi mécht fir d'Besoinen an d'Interessen vun de Jonken ze touchéieren an fir se dohin ze kréien. Et gesäit och eng permanent Croissance vun Jugendlechen déi an d'Jugendhaus ginn, dat bestätegt dass de Besoin nach ëmmer do ass fir esou eng gemeinsam Plaz opzesichen.*

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
*Merci Här Brücher, Wuertmeldungen? Ass net de Fall. De Jugendtreff kennt elo nach zwee Mol erëm, mam Décompte 2014 an Budget 2015, da géing ech déi Konventioun fir dëst Joer zum Vote stellen.*

*Déi di d'Accord sinn bieden ech em en Handzeechen. Ass een dogéint, enthält een sech? Merci.*

EESTËMMEGE VOTE

### 2.2. Konventioun SICONA – Weber

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
*Dann nach eng "affaire courante" dat ass eng Konventioun tëscht dem SICONA an der Madame Aline Weber, fir aacht Héichstammbeem am Flur Hasselerwee z'installéieren. D'Gemeng muss déi Konventioun machen wann de SICONA ... dat ass eppes wat mir ëmmer erëm machen. Merci der Madame Weber hiren Versteesdemech fir des Konventioun ze machen. Och hei gëtt et net vill ze diskutéieren et ass den üblече Modell. Wuertmeldungen? Ass net de Fall.*

*Déi di d'Accord sinn bieden ech em en Handzeechen. Ass een dogéint, enthält een sech?*

EESTËMMEGE VOTE

## 3. Finanzen

### 3.1 Restantenetat 2014

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
*De Restantenetat ass do an do loung vu Säiten vun eisem Receveur e klenge Commentaire dobäi, dir wësst dass mir eis hei net am Detail mat verschiddenen Nimm befaassen. Hien weist drop hin, dass de Montant vun den Arréragen am Joer 2014 em ronn 65.000 Euro erofgaangen ass, dat heescht dass mir vill méi no un de Recettë sinn, si sinn säit enger Zäit mat dräi Beamten gefuer an dat mierkt een och um Montant vun den Arréragen an un den Déchargen, déi ginn op ronn 11.000 Euro erof, wat e ganz gutt Zeechen ass, dat sinn déi Suen déi fir d'Gemengekees definitiv verluer sinn. Bei den Déchargen 2014 ass een eenzelne Betrib mat 5.000 Euro dran, also eng Faillite wou d'Gemeng souwisou näischt méi kritt.*

*Bei den "à poursuivre" ass en decken Débiteur eng Beschäftegungsinitiativ, wat dat ass well ech net drop agoen, dat ass en Riesenmontant vun 82.000 Euro déi der Gemengekees duerch d'Lappen ginn.*

*De Restantenetat gëtt ëmmer formal zum Vote gestallt, e grousse Merci un eise Receveur den ouni vill Gedeessems säin Job erleedegt, et ass keen einfachen Job de Suen nozelafen, et gehéiert sech och, dass hien emol am Joer hei Merci gesot kritt vum Schäffen- a Gemengerot. Och e grousse Merci un seng Beamtin, déi dëst Joer hir Rechter fir d'Pensioun gülteg mécht, d'Madame Weiler an och den neien Beamten, e grousse Merci. Sou, Wuertmeldungen? Och net. Maache mir do e Vote Madame Braconnier, also d'Déchargen an "à poursuivre" alles an engem Vote.*

*Déi di d'Accord sinn bieden ech em en Handzeechen. Ass een dogéint, enthält een sech?*

EESTËMMEGE VOTE

### 3.2. Budgetsmodifikatioun – Reaménagement vum Téitenger Schoulhaff

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
*Des Modifikatioun bezitt sech op den Schoulhaff vun Téiteng. Do hu mir och eng Iwwerraschung kritt, Här Brücher.*

**Patrick Brücher (Schäffen, déi gréng)**
*Also bei den Aarbechten fir d'Begréngung vum Schoulhaff ass festgestallt ginn, dass de Macadam dee muss ofgedroen ginn belaascht ass mat PAK, des Schuedstoffer mussen an Däitschland entsuergt ginn, wéi dir wësst wéi dat och schonn an der Waasserstrooss de Fall war. Dat féiert dozou, dass mir e "Surplus" u Käschten hunn vu ronn 40.000 Euro. Par rapport zum initialen Devis vun 150.000 Euro, mussen mir also en "Devis supplémentaire" an de Gemengerot bréngen well mir soss mat de Käschten fir d'Realiséierung vum Projet net auskommen.*

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
*Also dat wat mir proposéieren ass eng "modification budgétaire" ech muss de Patrick Brücher liicht corrigéieren. Mir mussen de Budget änneren fir déi Dépense ze bestreiden. Mir hu jo den berühmten Devis vu 700.000 Euro, deen zu senger Zäit, zu recht muss een sech dat agestoen, montéiert ginn ass vun ärer Säit, mee mir hunn en Devis fir déi Dépense. Wat ech awer muss soen an wat och an eisem Service technique muss geflext ginn, d'Analyse vum PAK, dat ass eigentlech en neien Moment, lescht Joer ass dat dass déi net méi als recyclabel déclaréiert gi sinn vun deene verschiddenen Fournisseuren. Mir mussen eis ugewinnen wann mir eng Strooss oder eng Installatioun machen wou Macadam drop ass, dass mir dat direkt mat analyséiere loossen well esou agréabel ass dat net fir dem Gemengerot eng "modification budgétaire" oder en Devis supplémentaire ze proposéieren. Wat mir gemach hunn, mir hunn dat op e Koup geluecht an ech hunn direkt Emailen kritt vun besuergten Elteren, do ass dat direkt ewech geholl ginn, do ass nach behaapt ginn den Entrepreneur wär dat Material siche komm während der Schoulzäit, do hu mir Entwarnung ginn, dat war net de Fall. Den Här Becker huet aner Informatiounen, da ginn ech him d'Geleeënheet fir d'Wuert ze huelen.*

**Romain Becker (Conseiller, DP)**
*Jo ech hunn d'Informatioun kritt dass d'Schoulmeeschteren d'Kanner op d'Säit geholl hunn dass d'Camionen kennen do duerchfueren, also muss ech schonn sou gewiescht sinn. Ech hat schonn eng aner Geleeënheet viru Joeren hate sech scho Leit bei mir gemellt, och do ass e Camion matten an der Paus duerch d'Kanner gefuer, awer dat hei ass elo virkomm an der Schoulzäit.*

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
*Also wann dir esou Informatiounen hutt, ech krut vun eisem Service technique gesot dat wär ewechgeholl ginn wou keng Schoul war, dann hu mir zwou Versiounen, da musse mir der Saach op d'Spuer goen. Fir mech ass et evident, wann d'Weisung ass, dass een nëmmen eran fiert wann keng Schoul ass, da muss een sech drun halen an wann dat net de Fall ass muss dat awer bis an de Schäfferot kommen. Ech hunn an der Hisiicht keng aner Informatiounen. Wësst dir weien Schoulmeeschter dat war? Dat fanne mir eraus, da froen mir den Här Waldbillig.*

*Sou, d'"modification budgétaire" huet do een Wuertmeldungen dozou? Nee dann loosse mir dat zum Vote kommen.*

*Déi di d'Accord sinn bieden ech em en Handzeechen. Ass een dogéint, enthält een sech? Merci fir de Vote.*

EESTËMMEGE VOTE

### 3.3 Devis Bushaisercher

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
*Bei de Bushaisercher hu mir eis Renfort geholl, mee fir d'Présentatioun ginn ech dem Schäffen Patrick Brücher d'Wuert an dann kritt de Raymond Künsch d'Wuert.*

**Patrick Brücher (Schäffen, déi gréng)**
*Mir haten eis béi de Budgetsdiskussiounen d'lescht Joer d'Wuert ginn dass mir en "état des lieux" vun eise Bushaltestellen maachen an kucken op wéineger Plaz en Iwwerdach méiglech ass, dat dréit wesentlech zur Qualitéit vum ëffentlechen Transport an eiser Gemeng bei. Ech soen dem Här Künsch Merci fir de propperen Dossier. Wei dir gesitt ass leider op verschiddene Plazen eng Iwwerdachung net méiglech, Raymond do wäerts du nach e puer Informatiounen dozou ginn. Op anere Plazen hu mir 13 Bushaltestellen identifizéiert wou d'Installatioun vun engem Iwwerdach méiglech wär an den Devis beleeft sech op 229.196 Euro. Mir hunn dëst Joer 65.000 Euro an de Budget gesat, a gesot dass mir am Laf vun deenen nächsten dräi Joer déi Plazen iwwerdecken. Ech géing dann de Raymond bieden eis nach e puer Detailer dozou ze ginn.*

**Raymond Künsch (Service technique)**
*Den Här Brücher huet déi wesentlech Informatiounen schonn gesot. Ech hu mir d'Méi gemach an sinn déi eenzel Busarrêten ofgefuer an hu gekuckt wei déi iwwerdeckten Arrêten bestinn, an déi an engem schlechten Zoustand missten ersat ginn. Do ass erauskomm dass et 13 Plaze ginn wou mir e Busarrêt kennen hisetzen, déi aner ass et leider net méiglech vun der Plaz, oder och Garagenafaarten. De Busarrêt u sech selwer, do hunn ech mech orientéiert un deenen Arrêten déi am Quartier Brill stinn, dat ass anstänneg Qualitéit, déi ganz Zäit wou se do stinn hate mir immens Chance, dass näischt futti gemach ginn, dat ass och ëmmer wichteg. Déi Arrêten sollen och verschidden Kriterien erfëllen, se sollen iwwerdeckt sinn selbstverständlech, do wou et machbar ass sollen se och Säitewänn hunn, dat ass villäicht net iwwerall machbar bei deenen 13 Busarrêten. Se sinn all ausgerüst mat enger Bänk, net op der ganzer Längt vum Haischen, dat huet och e Grond, op déi eng Säit muss en Affichage kommen vun de Fahrpläng an do soll keng Bänk drënner sinn, fir dass d'Leit bäikommen, respektiv och déi Leit mat Rollstull mussen d'Chance hunn bis bei den Horaire bäizekommen. Déi Arrêten sinn all mat 8 Millimeter Sécherheetsglas ausgerüst well einfacht Glas kann een futti schéissen. Se sinn ausgestatt mat engem Panneau E19 „arrêt d'autobus" wat muss dobäi sinn. De Moment profitéieren mir och vun der Situatioun, fir och all Arrêt sein Numm ze ginn, well déi Persoun déi de Bus hellt an sech net auskennt an der Gemeng weess net op wéi engem Arrêt en steet wann hien de Planing liest. Des weideren hunn mir och eng Dreckskëscht virgesinn mat engem Äschebecher.*

*Fir dat ganzt an d'Praxis ëmzesetzen, déi eng Busarrêten stinn op Trottoirsdallen, déi aner op Pavé, nach anerer do ass guer näischt déi sinn iergendwéi am Revers, dofir hunn ech iwwerall och „génie civil" virgesinn fir déi Saachen kennen z'aménagéieren, dat heescht wa Pavé do ass, fir de Pavé erauszehuelen, d'Fondatioun virzegesinn an de Pavé nees zeréck ze machen. Dat ass alles am Devis mat virgesinn. Aner Saachen déi mir musse kucken, deemno wou déi Arrêten kommen, op enger Staatsstrooss brauche mir eng „permission de voirie" an eng Recommandatioun gesäit fir dass d'Busarrêten zum Bord vum Trottoir mindestens eng Distanz vun 1,5 Meter sollen hunn. Dat hat ech mir alles op der Plaz ugekuckt an op Basis vun deene Kriterien déi 13 Arrêten definéiert an der Hoffnung, dass ech mech net vermooss hunn an mir dat och iwwerall kennen histellen.*

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
*Merci Här Künsch och fir d'Methode wei dir virgaangen sidd, ech mengen ouni all eenzel Plaz kucken ze goen, an et sinn der eng Jett, komme mir do net virun. Mir hunn eis d'Fro gestallt wei mir ufänken, logesch wier et jo mat deenen Arrêten unzefänken wou am meeschten Public transitéiert, do hu mir bei TICE Donnéeën gefrot, Här Künsch dat hat dir net gesot, den TICE huet Donnéeën, mee leider Gottes huet den RGTR awer keng Donnéeën, déi Statistiken waren ob alle Fall net ze kréien. Wann mir eis dann iwwert dësen Devis eens ginn kicke mir de Ball zeréck bei den Här Künsch an da kann hien ufänken mat deenen déi dëst Joer sélectionéiert gi sinn, da kann hien d'Permissions de voirie bestellen a wann déi do sinn ginn d'Commande gemach vun deenen respektiven Arrêten. Dat ass eng gutt Saach fir dat emol an de Gréff ze kréien, leider ass et net méiglech iwwerall déi Busarrêten hinzestellen, lo maache mir emol dat heiten, wann dann emol en muss déplacéiert ginn fir dass mir kennen en Abri dohi setzen dat ass eng Diskussioun déi muss gefouert ginn. Sou lo hu mir genuch geschwat, elo huet de Gemengerot d' Wuert.*

**Romain Daubenfeld (Conseiller, LSAP)**
*Merci dem Här Künsch fir de schéine Plang, ech hu just eng Fro. Et sinn lauter Haisercher Type A bis op eent, dat ass Type F, wat ass dat extra?*

**Raymond Künsch (Service technique)**
*Dat ass en bëssen méi groussen Busarrêt, wou méi Leit sech kennen drënner stellen. Dat hu mir och gekuckt je no Plaz wéi een Typ Busarrêt mir kennen dohin setzen.*

**Romain Daubenfeld (Conseiller, LSAP)**
*Eng aner Remarque, beim TICE kennt eng Ännerung bei der Ligne fir op Diddeleng. Dat mat hinnen ofschwätzen, net dass si en Arrêt net méi ufueren oder verréckelen, dofir bleift wann ech gelift am Kontakt mam TICE.*

**Patrick Krings (Conseiller, DP)**
*Ech well dem Schäfferot a besonneg dem Här Künsch Merci soen fir déi Aarbecht, well nëmmen esou kenne mir den "Transport en commun" méi aktuell machen, Mir sollen d'Leit encouragéieren op de Bus ze goen, dat selwecht soll och emol mam Zuch geschéien, dat hei ass de richtege Wee, dass een e Plang huet. Ech hätt perséinlech, dir hat zwar gesot dass mir kenne kucken wann eppes soll déplacéiert ginn, den Nummer 10 bei der Schungfabrik, wou déi Foto ass kann een näischt machen, mee 50 Meter méi erop wou déi Abuchtung ass, et ass grad do wou Leit mech gefrot hunn fir en Abri, mee dat misst een an enger zweeter Phase kucken. Also a Richtung Kayl, bei der Cité ass eng Abuchtung, do géing natierlech eng Parkplaz verluer goen.*

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
*Dat ass e "Choix à prendre". Wa mir lo d'Donnéeën hätten Här Krings, do stinn ëmmer vill Leit mengen ech. Dat ass awer eppes wat mir mussen mat an de Programm huelen ...*

**Patrick Krings (Conseiller, DP)**
*Jo dat muss ee kucken, op alle Fall ass et eng gutt Aarbecht an ech sinn zefridden.*

**Camille Thomé (Conseiller, CSV)**
*Als CSV begréisse mir dëst och, mir si frou dass d'Leit net mussen am Knascht dobausse stoen. Mir hunn dat scho virun zwee Joer gefrot, do waren d'Velosstänner méi wichteg, an Teschenzäit sinn dausende Leit zesummen all Dag naass ginn. Déi Zäit wär et scho besser gewiescht mir hätten déi Stänneren net gemach mee Busarrêten votéiert. Just eng Fro, déi "Panneaux d'affichage", mat 723 Euro, sinn déi net e bëssen deier oder aus wellechem Material sinn déi? Ass dat net esou dass den TICE déi do stoen huet dass een déi méi bëlleg ka kréien?*

**Raymond Künsch (Service technique)**
*Déi Busarrêten sinn elo vun iergendenger Firma an déi Panneauen sinn d'office dem Busarrêt ugepasst. Dat ass elo en "Devis sommaire", ier mir déi opriichten loosse mir eis en definitive Präis ginn, ech huelen dat gäre mat an hannerfroen dat nach emol.*

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
*Am Allgemengen Här Thomé, de "mobilier urbain c'est pas donné". Wann een do eng gewësse Qualitéit hellt, dat gëtt richteg deier. Ob dat sech elo op Velostänner bezitt oder net. Wann ech dat richteg verstinn ass d'CSV, mat Seitenhieb, mat dem Devis d'Accord?*

*Dem Här Brücher brennt nach eppes op der Zong!*

**Patrick Brücher (Schäffen, déi gréng)**
*Nee, ech wollt just dem Här Thomé soen, dass déi Bushaltestellen sécherlech net eréischt zënter dëser an der leschter Legislaturperiode do stinn ...*

**Camille Thomé (Conseiller, CSV)**
*Mir schwätzen net vu fréier mee vun elo ...*

**Patrick Brücher (Schäffen, déi gréng)**
*Jo wat fréier versaumt ginn ass an elo nogeholl gëtt, besser spéit wéi ni!*

**Camille Thomé (Conseiller, CSV)**
*Et stoungen och nach keng Velosstänneren do, déi hätten och elo net mussen do stoen. Ech hunn nach ni e Vëlo dra gesinn, ech hunn awer scho Leit op der Bushaltestell gesinn.*

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
*Lo kréie mir wéinstens e bëssen Gemengerot-Atmosphär, mee trotzdem Här Thomé, mir hunn hei Geflogenheeten, dass een sech d'Wuert freet. Ech hunn iech elo gewäerde gelooss, mee am Prinzip frot dir lech d'Wuert wéi dat sech gehéiert. "De l'ordre et de la discipline".*

*Bon wat dat ubetrëfft, wa mir haut géinge geregelt Zoustänn schafen da bräichte mir och kee Gemengerot méi, et wäerten ëmmer nach Problemer optauchen déi ze regele sinn.*

*Da géing ech den Devis zum Vote stellen an dem Här Künsch Merci soen fir seng Interventioun, ech hoffen dass mir dëst Joer dann nach eppes dovu gesinn soss huet den Här Thomé nees Munitioun.*

*Déi di d'Accord sinn bieden ech em en Handzeechen. Ass een dogéint, enthält een sech?*
*Merci fir de Vote.*

**EESTËMMEGE VOTE**



**3.4 an 3.5 Décompte 2014 a Budget 2015 Jugendtreff**

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
*Da ginn ech direkt nees dem Här Brücher d'Wuert fir den Décompte an de Budget vun eisem Jugendtreff.*

**Patrick Brücher (Schäffen, déi gréng)**
*Den Décompte 2014 bréngt erfier, dass eist Jugendhaus 8.972,59 Euro muss un d'Gemeng zeréck bezuelen, si hunn also hire Budget net ganz ausgeschöpft, dat léisst sech doduerch erklären, dass verschidde Projeten dëst Joer net konnten ëmgesat ginn. E Projet war "de gréngen Daum" fir insgesamt 4.000 Euro wou si hir Wiss wollten beplanzen, do huet de Chantier fir déi nei Maison relais ugefaang sou dass de Projet net konnt realiséiert ginn. Zweetens sinn d'"frais de fonctionnement" méi niddereg ausgefall, zum Beispill mam Transport an der Camionnette. Souvill zum Décompte, soll ech de Budget direkt mathuelen?*

*Beim Budget stelle mir fest, dass deen 279.679 Euro soll ausmaachen, dat sinn 20.000 Euro méi par rapport zum Décompte 2014, dat léisst sech erklären dass d'Paien an d'Luucht gaange sinn. D'Materialkäschten an d'Aktivitéiten bleiwen um selwechten Niveau wei dat Joer virdrun.*

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
*Merci fir déi Ausféierungen, Wuertmeldungen dozou? Also och de "grand ordinaire" am Prinzip.*

*Okay, da géing ech den Décompte 2014 vum Jugendhaus zum Vote stellen. Déi di d'Accord sinn bieden ech em en Handzeechen. Ass een dogéint, enthält een sech?*

**EESTËMMEGE VOTE**

*Dann de Budget 2015 vum Jugendtreff, déi selwecht Übung. Déi di d'Accord sinn bieden ech em en Handzeechen. Ass een dogéint, enthält een sech?*

**EESTËMMEGE VOTE**

**3.6 Don "pharmaciens sans frontières" – Äerdbiewen am Nepal**

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
*Da komme mir zu der Katastroph déi am Nepal virun e puer Wochen stattfonnt huet, wou een dramatesch Biller um Fernseh gesinn huet. Et freet een sech op d'Moyenen déi duerch international Gremien an Länner zur Verfügung gestallt ginn duerch iergendeng Désorganisatioun op der Plaz net bei den Affer ukommen, wat awer net soll verhënneren, dass mir als Gemeng sollen eisen Obolus dozou bäidroen. Mir hunn 6.000 Euro am Budget astoen fir "aides au tiers Monde" a well mir nach net an der Halschent vum Joer ukomm sinn hu mir geduecht mir géingen dee Budget mol zur Halschent asetzen, dat wären dann 3.000 Euro déi mir un d'Affer vum Äerdbiewen am Nepal wëlle spenden an zwar iwwer d'"Pharmaciens sans frontières". Et gëtt eng lescht vun den Organisatiounen déi d'Spenden unhuelen, do steet och d'"Médecins sans frontières" drop déi méi bekannt sinn, mir hunn als Schäfferot décidéiert fir den Apdikter déi 3.000 Euro zoukommen ze loossen. Normalerweis gëtt do keng "surenchère" hei gemach, Wuertmeldungen?*

**Romain Daubenfeld (Conseiller, LSAP)**
*Ech wollt just soen, an der Délibératioun steet 3.600 Doudeger, mir sinn wäit iwwer 8.000 Doudeger, bon dat sinn der iwwer 3.600. Mech deet et schrecklech ... elo ass e Coup komm mat dausend ... solle mir net ...*

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
*Här Daubenfeld, wou déi éischt Informatioune komm sinn ass riets gaang vun 800 ... ech mengen et wär net gutt iwwerhaapt hei iwwer ... fir do Comptabilitéit ze machen vun den Affer, bon dat ass gutt gemengt mee ech mengen mir schreiwen "de très nombreuses victimes".*

**Romain Becker (Conseiller, DP)**
*Et gi Katastrophen do kann ee soen déi si vum Mënsch gemach, et ginn der déi sinn op d'Natur zeréckzeféieren. Ech denken, am Nepal dat si fréndlech Leit, déi normal gelieft hunn, ënner schwierege Konditiounen schonn, a wann et esou Leit trefft ass dat em sou méi schlëmm. "Pharmaciens sans frontières" fannen ech e gudde Choix, well heiansdo wann een Liewensmëttel liwwert fannen ech dass een an déi lokal Économie agräift, doduerch dass déi dann ënnergruewen gëtt, der Gefor entgeet en hei, hei mussen och dringend Medikamenter op d'Plaz, de Choix ass gutt. De Montant wat e kann ginn ass och gutt, leider Gottes kann een net wëssen ob een es nach brauch, sou dass ee kann mat dem Choix d'Accord sinn.*

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
*Merci Här Becker. Här Weiler.*

**Jean Weiler (Conseiller, CSV)**
*Mir begréissen dat natierlech och dass d'Gemeng intervenéiert an eng gewëssen Zomm iwwerreecht. Fir ze diskutéieren wei eng Associatioun dat ass ... Haaptsaach d'Leit kréie gehollef. Et ass ze wënschen dass d'Hëllef op der Plaz ka besser organiséiert ginn fir dass d'Hëllef an dem kompliziéierte Land besser ka klappen.*

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
*Merci Här Weiler, da si mir eis jo eens, ech géing dann den Don zum Vote stellen. Déi di d'Accord sinn bieden ech em en Handzeechen. Ass een dogéint, enthält een sech?*

**Eestëmmege vote**

**4.1. Avis – projet de plan des risques d'inondation**

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
*Da komme mir bei de Volet Ëmwelt, de "projet de plan des risques d'inondation". Wann elo e vum Gemengerot der Meenung ass, dass de Schäfferot hannen dran ass vis-à-vis vun den Délaien dann huet e vollkommen Recht. Ech muss och soen, dass dësen Dossier esou net besat war an der Verwaltung, een net richteg wosst wéi engem Beamten een dëst soll uvertrauen. Ann der Tëschenzäit hu mir e "conseiller écologique" den eng gutt Aarbecht mécht an mir profitéieren vun der Geleeënheet, fir iwwert d'Müllreglement ze diskutéieren, annoncéieren och elo eng Aarbechtssitzung vum Gemengerot, fir dass mir eis iwwert den Avant-Projet kennen informéieren. Et geet net, ech hunn am Gemengerotsbericht vun enger anerer Gemeng gelies dass de ganze PAG dem Gemengerot fënnef Deeg virdrun geschéckt ginn ass, dat kann et net sinn, et muss een e bëssen mén no un der Realitéit sinn an de Conseil informéieren. Do stinn vill Informatiounen an esou engem Müllkonzept dran déi mussen diskutéiert ginn.*

*Ech kommen zeréck zu dem Hochwasserrisiko Managementsplang, an der Hierarchie vun den Normen gëtt et eng europäesch Direktive déi dat Ganzt steiert, déi Informatiounen aus der Direktiv ginn iwwerholl am Gesetz iwwert d'Waasser, do steet dran, dass ee kann schrëftlech Stellung bezeien zu dem Hochwasserrisiko Managementsplang.*

*Dat ass d'Dokument dat huet 245 Säiten. Do si fënnef Gemengen op Lëtzebuerger Säit déi an der „vallée de l'Alzette" sinn, dat ass Réiser, Beetebuerg, Schëffleng, Esch a Suessem. Mir sinn net dodran well mir en „Affluant" vun der Uelzecht sinn, mee well mir elo de Stull vum "Conseiller écologique" besat hunn, froen ech mech, mir huelen awer elo keng Délibératioun, ech mengen mir hu besser mir gliddéren eis un die fënnef Gemengen un, fir dass mir do kenne matmaachen. Wat mir feststellen, an deenen 245 Säiten ass d'Kälerbach guer net ugeschwat, dat kennt an eise Bericht stoen. Bon d'Kälerbach spillt am Hochwasserrisiko guer keng Roll. Mee mir hunn wëlles am Kader vun deenen Diskussiounen vu Kayl Norden eng Partie Moossnamen z'ergräifen. Sou dass de Bericht dee virläit net ganz vill beinhalt ausser d'Feststellung, dass d'Kälerbach als "bassin de rétention" net virgesinn ass. Wann dir den Hochwasserrisiko kuckt ass d'Stad Lëtzebuerg, d'Gemeng Hesper an Gemengen am Norden vun der Stad betraff. Mee wann mir d'Waasser lafe loossen dann leiden die Gemengen, wa mir de „bassin versant" vun der Uelzecht kucken.*

*"Accessoirement" ginn ech mat op de Wee, dass mir elo die Traktatiounen ufänken mat deene fënnef Gemengen die am Risikomanagement vun der Uelzecht sinn fir eis do unzeschléissen an fir die néideg Informatiounen ze kréien vum Waasserwiertschaftsamt, wa mir elo Kayl Norden ufänken sinn eng Partie Saache die an die Richtung ginn. D'Diskussioun ass un.*

**Romain Becker (Conseiller, DP)**
*Ech fannen et Schued, dass mir de Punkt einfach esou op den "ordre du jour" gesat kréien, aner Punkte kritt een virdrun erkläert. Dat Dokument ass jo gutt mee do versteet een awer elo net all Hannergrond. Dat anert weist erëm wéi wichteg et ass als Gemengen zesummen ze schaffen a wann mir eis elo do unhänken, well mir Interessen an der Zukunft an awer och well mir wëssen, dass mir hei op der Gemeng keng Kompetenzen hu fir dat ze géréieren. Dat weist wann een zesummeschafft wär dat scho méi enk gewiescht an alles op enger Plaz zesumme gelaf. Ob alle Fall wënschen ech mir, dass mir dat nach emol erklärt kréien, ech weess net wierklech wat ech soll ofstëmmen.*

**Jean Weiler (Conseiller, CSV)**
*Ech hat och dat Dokument vun 245 Säiten fonnt, fir dat duerchhuelen an der Zäit an en Avis ofzeginn ass net méiglech. Ech hunn den Avis vun de fënnef Gemengen duerchgeliest wou mir eis sollen ralliéieren, do steet d'Kälbach nëmmen dran an de Moossnamen dass sollen befestegt Borden gemach ginn an soss nëmmen d'Bemierkung, dass déi néierens opgelëscht ginn ass. An der Vergaangenheet muss een soen, dass mir laanscht d'Kälbach net wierklech e Risiko vun Héichwaasser haten, dat kann sech awer änneren mat Kayl Norden well mir do bauen an eis duerchaus Héichwaasser Problemer schafen. An dem Zesummenhang misst een dann studéieren wei den Héichwaasser Risiko ass, wann dat hei net berücksichtegt ginn ass.*

**Patrick Brücher (Schäffen, déi gréng)**
*Un esou engem Dossier gesäit een wei wichteg et ass déi néideg Expertisen op der Gemeng ze hunn, wei den Här Buergermeeschter gesot huet, wien huet hei déi néideg Expertise fir esou en Dossier propper opzesetzen. Dat ënnersträicht aus menger Sicht nach emol d'Importenz dass mir en Service écologique hunn. D'Zesummenaarbecht mat anere Gemengen ass wichteg, Här Becker, mee wou ass innerhalb vun eiser Gemeng d'Kommunikatiounsschnëttstell fir des Dossieren ze traitéieren. Dofir ass meng Propose dëse Bericht esou unzehuelen wei en ass an nach emol un eise "Conseiller écologoique" ze ginn fir déi Froen unzeschwätzen déi den Här Weiler och gesot huet.*

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
*Wichteg ass och festzestellen, dass keen un eis erugetrueden ass fir eng Reklamatioun ofzeginn, noutgedrongen well d'Kälerbach net an dem Plang virgesinn ass. Wat d'Remarque vu Kayl Norden betrefft, dat wat mir an de 70er Joeren gebaut hunn, den oppene Kanal laanscht d'Strooss war just fir d'Waasser esou séier wei méiglech z'évacuéieren, wat mir et méi séier évacuéieren wat déi aner et méi séier hunn. Iwwerschwemmungs-Heichpunkter si jo beschriwwen, all 10 Joer, iwweregens wann dir an der Stad am Gronn sitt do si Markéierungen wei héich d'Uelzecht erop komm ass, dat ass ganz beandrockend. Fir eis war et kee richtegt Thema, dat muss ech soen, well mir och an dem Dokument net ugeschwat sinn. Dofir nach emol meng Propositioun, dass mir eis un déi Gemengen uschléissen, Rëmeleng ass iwweregens och derbäi, Gemengen déi direkt un der Uelzecht leien mat Ausnam vun der Gemeng Suessem déi wahrscheinlech e puer Affluanten hunn. Ech bestëmm awer drop, dass mir den Avis haut stemmen, ech verstinn dem Här Becker seng Remarquen, et ass en professionellen Dossier wou een sech muss dohannert setzen an déi 245 Säiten studéieren.*

*Sou mir hunn den Tour gemach, déi di d'Accord sinn bieden ech em en Handzeechen. Ass een dogéint, enthält een sech? Also mat 5 Enthalungen, Madame Braconnier.*

***VOTE: LSAP AN DÉI GRÉNG: DOFIR – CSV AN DP: ENTHALEN***

**4.2. Charta Klimapakt**

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
*Den nächste Punkt, Klimapakt, do géing ech dem Här Brücher d'Wuert ginn.*

**Patrick Brücher (Schäffen, déi gréng)**
*Am Kader vum Klimapakt ass et virgesinn, dass d'Gemeng sech e Leitbild gëtt wéi se an den nächste Joeren an de verschiddenen Domainen, wei sech och am Katalog vun de Kriterien definéiert sinn, sech well entwéckelen. Eisen Ëmweltberoder huet en flott Leitbild ausgeschafft, wat déi allgemeng Richtlinnen festhält, hien huet sech och um Kriterie Katalog orientéiert. An der Charta kennt dir noliesen, eis quantitativ Zilsetzung, bis 2020 eisen $CO_2$ Ausstouss em 20 Prozent wëlle reduzéieren, eisen Energiebedarf mat 20 Prozent erneierbaren Energien decken an eisen Energiebedarf bis 2020 em 20 Prozent reduzéieren. Des Wäerter entspriechen den nationalen Richtlinnen, mir hunn eis deenen ugeschloss a sinn zouversiichtlech, dass mir zumindest dësem Ziel bis 2020 méi no kommen. Ech well net op all Punkt agoen, dir kennt et selwer liesen. Wei mir den 1. Januar 2015 de Kriterien Katalog vum Klimapakt ugekuckt hunn ware mir bei 9 Prozent vun de Punkten déi mir realiséiert hate. Zenter eisen Ëmweltberoder bei eis ass an en "état des lieux" gemach huet, déi verschidde Projeten zesumme gefouert huet, kenne mir feststellen dass mir de Moment 39 Prozent vun deene Kriterien erfëllen, a mir sinn zouversiichtlech dass mir bis Enn des Joers den éischte Sockel vum Klimapakt kennen erfëllen, an zwar 50 Prozent. Dofir maache mir dëst Joer eng Étude fir ze kucken wéivill $CO_2$ eis Gemeng eigentlech produzéiert, an Zesummenaarbecht mam Klimabündnis, déi do eng flott Alternativ ubieden fir dat zesummenzezielen, an och den Energiemonitoring. Alles dat sinn d'Grondfeiler déi dëst Joer ustinn, dir gesitt dass mir schonn eng gutt Entwécklung hunn, an eis och am Zäitrahmen vum Klimapakt befannen.*

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
*Merci Här Brücher. Wuertmeldungen?*

**José Gonçalves (Conseiller, CSV)**
*Ech hunn just eng Fro, beim Punkt 4 "mobilité", ech wollt de Gemengerot froen op mir net dëst Joer schonn de Modell vu Schëffleng unhuelen mam Pedibus ier Kayl Nord fäerdeg ass. Vill Autoen bleiwen dann am Garage well d'Eltere wëssen, dass d'Kanner begleet ginn vun Leit déi forméiert gi sinn, an dem Sënn hätte mir dëst Joer scho vill bäigedroen zum Klima an zur Sécherheet vun eise Kanner.*

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
*Här Gonçalves ech muss iech korrigéieren, et huet kee gesot de Pedibus géing eréischt agefouert ginn wann Kayl Norden fäerdeg ass. Mir hu gesot, dass mir dat géinge studéieren.*

**Patrick Brücher (Schäffen, déi gréng)**
*D'Mobilitéitskonzept ass ofhängeg vun der Verkéiers Étude, wou mir och vill Wäert op d'"mobilité douce" leeën, an dem Kader realiséiere mir jo och de Projet vum sécherre Schoulwee, fir dass d'Kanner kennen alleng an d'Schoul goen ouni Begleedung vun engem Erwuessenen. Natierlech fir déi ganz Kleng gestalt dat sech schwiereg, mee ech gesinn et relativ onwahrscheinlech de Pedibus nach dëst Joer ëmzesetzen, well dat keng einfach Affär ass. Ech weess, dass déi Schëfflenger och Problemer hunn well si mat Bénévole fueren, mat Elteren déi nëmmen en kuerzfristegen Engagement machen an si musse kucken fir nei Bénévolen ze fannen. E gudde Modell hu mir nach net fonnt mee mir sinn weider amgaangen eis Gedanken doriwwer ze machen, elo kennt als éischt emol de sécherre Schoulwee an dann kucke mir weider wann mir d'Infrastrukturen fir d'Quartiersschoulen realiséieren, dann mécht de Pedibus och Sënn.*

**Romain Daubenfeld (Conseiller, LSAP)**
*Ech hunn mech och ob d'Mobilitéit konzentréiert well ech mir abilden, dass ech dovun am Meeschte verstinn. Ech muss soen et ass en ganz ambitiéise Projet, mee*

*soulaang mir op engem Schnëttpunkt léien wou d'Leit vu Rëmeleng an aus Frankräich an vun Diddeleng an Esch gefuer kommen kréie mir de Verkéiersproblem zu Kayl net geléist. Do kenne mir esou vill Konzepter ausschaffen wei mir wëllen, dat ass en nationale Problem, an soulaang mir dem Minister Bausch net kloer machen, dass mir am Verkéier erstécken bleiwen déi Projeten ronderëm, inklusiv Schoulwee an Pedibus, Utopie well et ze geféierlech ass.*

**Romain Becker (Conseiller, DP)**
*Wann ech den Här Brücher héieren fält mir e Saz an deen den Här Erny Warken gesot huet "maacht egal wat, mee maacht endlech eppes". De Saz gëtt ëmmer méi richteg an aktuell, et trefft voll op iech zou, all dei grouss Schwieregkeeten fir eppes ëmzesetzen déi dir eis hei virgeluecht hutt. Et ass Pabeier wou "bla bla" drop steet, dat muss een machen, dat soll ee machen, mir hu grouss Zieler, dat ass och gutt. Dat eenzegt wat mir gesinn ass näischt Konkretes, wat zënter Joeren hätt konkret kennen um Terrain geschéien, wat vun der Oppositioun ënnerstëtzt ginn ass, ass net komm an kennt och an Joeren net. Dat eenzegt wat mir gesinn, virun den Entréen vun eiser Uertschaft musse mir geschwënn méi deck Pottoen opstellen fir déi vill Schëlter déi mir hunn opzehänken, mat Klimabündniss an hei an mat do.*

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
*Dass dem Erny Warken sei Geescht nach iwwert dësem Gemengerot géing schwiewen hat ech mir haut net erwaart, mee bon. Et ass een net därer Iwwerraschunge gefeit.*

**Patrick Brücher (Schäffen, déi gréng)**
*Här Becker ech loosse mech net gären vun iech provozéieren, mir kennen och e gepflegtenen Ëmgangstoun mateneen hunn. Ech weess net ob et iech entgaang ass mee ech hat gesot, dass mir am Kriterienkatalog vun 9 op 39 Prozent geklomme sinn, dat ass sécherlech net vum näischt machen wou dat hierkënnt. Dass mir den éischte Sockel vun 40 Prozent nach dëst Joer wäerten erreechen ass fir mech de konkrete Beweis, dass mir immens vill Aarbecht an dëse Beräich stiechen, an dass d'Gemeng gewellt ass weider ze kommen. Méi well ech dozou net soen.*

**Romain Daubenfeld (Conseiller, LSAP)**
*Ech wollt mech de Wieder vum Kolleg Brücher uschléissen, dat wat dir elo gemach hutt Här Becker, war méi wei polemesch, dir bauscht dat e bëssen op, dat si mir jo gewinnt. Et ass awer nu grad an dem Dossier an de leschte Joeren vill gemach ginn, wou an deene Joeren virdrun net vill geschitt ass, an do kennt dir iech jo och mat ärer eegener Nues huelen, well dir waart jo laang genuch dobäi. Also halt op mat deenen Topegkeeten well dat bréngt kengem eppes.*

**José Gonçalves (Conseiller, CSV)**
*Wa mir waarden bis d'Quartiersschoulen do sinn, dann kennt de Pedibus ni ze stoen an da kann ech mech bal dem Här Becker uschléissen, dass mir vill schwätzen awer net vill geschitt.*

**Viviane Petry (Conseiller, déi gréng)**
*De Rapport vun der leschter Sitzung vun der Schoulkommissioun, wou de séchere Schoulwee och ugeschwat ginn ass wäert dir geschwënn kréien. Hei am Dokument ass fir mech ee Punkt wichteg dat ass "Publikatioun". Dat ass dat wat wierklech bis elo gefeelt huet, ech denken de Moment ass et net esou siichtbar wat an deene leschte Joeren dofir ass et gutt, dass mir e Conseiller écologique hunn den eis dat kann resüméieren an dem Gemengerot virdroen, da komme vläit déi Aussoen vun der enger an anerer Säit net méi fir well da kenne mir eis op Sachthemen fokusséieren.*

**Jean Weiler (Conseiller, CSV)**
*Ech wollt eppes zum Text soen, den ass jo net esou aussergewéinlech, 90 Prozent dovun fënnt ee bei anere Gemengen déi de Klimapakt hunn erëm, den Inhalt ass ëmmer dee selwechten.*

*Wat mech interesséiert, et gëtt Bezuch geholl zu deene Wäerter déi sollen reduzéiert ginn op Basis 2013. Sinn eis Wäerter vun 2013 bekannt? An dann den CO2-Verbrauch an den Energieverbrauch mat 20 Prozent erneierbaren Energien ze decken, sinn dat realistesch Zieler, kenne mir déi erreechen?*

**Patrick Brücher (Schäffen, déi gréng)**
*Ech hu virdrun gesot, dass mir am Moment nach keen "état des lieux" hunn an keng Virstellung wat eis Gemeng un CO2 produzéiert, dofir schaffe mir zesummen mam Klimabündniss fir des Étude ze machen, dass mir Zuelen op den Dësch kréien. Dat ass d'Viraussetzung an de Projet leeft och schonn. Genau wei den Energiebedarf an Verbrauch, och hei musse mir den "état des lieux" machen, dofir ass et wichteg dass mir dëst Joer den Energiemonitoring machen. Wei realistesch des Zuele sinn? Bon, mir hunn eis orientéiert un nationalen Richtlinnen, et sinn ëmmer Idealwäerter, no deenen ee striewe kann déi een awer net ëmmer erreecht. Ech géing mir wënschen, dass mir se erreechen, am souguer iwwertreffen, wann méiglech. Mir wäerten eist bescht maachen fir se ze erreechen mee verspriechen wei et 2020 ass, kann ech net.*

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
*Sou ech machen de Résumé an dann fuere mir virun. Den éischte Schratt zum Erreechen vun deenen Ziler ass den Inventaire. Do hu mir schonn eng Partie Moossnamen geholl, objektivéiert ginn, opgeschriwwe ginn, ergo dat erkläert dat spronghaft erop. Dat zweet ass, mir kennen des Erklärung auserneen huelen an mam Fanger op ee Punkt weisen. Ech weisen drop hin, dass dëst eng Absichtserklärung ass, mir fixéieren eis Zieler an huelen eis fir des Zieler z'erreechen. Dass dat heiansdo mat "Embûchen" geséint ass wësse mir. Ech fannen, dass et e ganzt wichtegt Dokument ass. Nom Motto, et geet net duer nëmme Guddes ze machen, et soll een och dovun schwätzen, respektiv en Inventaire machen. Wa mir déi Bestandsobnahm vun 2013 hätten wier besser, mee mir sinn eben méi spéit ob den Zuch opgesprongen, dat erkläert sou munches. Mee den Zuch ass elo um Rullen an der Majoritéit hir Meenung ass, et dass mir déi Absichtserklärung zum Klimapakt haut solle stëmmen. Dat war de Résumé, komme mir zum Vote. Déi di d'Accord sinn bieden ech em en Handzeechen. Ass een dogéint, enthält een sech?*

EESTËMMEGE VOTE

## 5. Punkt vum Conseiller Jean Weiler

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
*Komme mir zu de Punkten déi vun de Conseilleren Weiler a Krings op d'Dagesuerdnung gesat gi sinn, dat waren der vum Här Weiler véier an een vum Här Krings.*

**Jean Weiler (Conseiller, CSV)**
*Punkt 1, mir wollte proposéieren fir eng "taxe d'empiètement" anzeféieren, dat heescht wann bei Chantieren ëffentleche Grond, Trottoir oder Parkplazen iwwer länger Zäit blockéiert ginn, dass een soll eng Taxe aféieren déi zäitlech gestaffelt och an d'Luucht geet, fir ze verhënneren, dass Chantieren onnéideg laang den ëffentleche Raum stéieren. Wann ee kuckt bei villen Chantieren, déi fänken un an blockéieren Trottoiren, buddelen e Lach an da geschitt näischt, mee d'Parkplazen an den Trottoir sinn déi ganz Zäit blockéiert. Dat ass net am Sënn vun der Allgemengheet. Des Taxe géing d'Betriber dozou ureegen déi ëffentleche Raum méiglechst kuerz ze blockéieren. Déi Taxen déi mir proposéieren sinn déi selwecht wei an der Gemeng Péiteng, dat hu mir net selwer erfonnt. Wann een e klenge Chantier mécht vun zwou Wochen bezilt een natierlech näischt, also Fassaden mécht, Sand um Trottoir leien huet zum Beispill. Hei steet elo vun der drëtter Woch un bis ee Joer wären et 30 Euro den Dag. Tëscht dem 13. Mount bis den 18. Mount 50 Euro den Dag an méi laang wei den 18. Mount géing et dann 100 Euro den Dag ginn.*

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
*Gutt Här Weiler, an wat hätt Dir gären dass mir elo solle machen?*

**Jean Weiler (Conseiller, CSV)**
*Majo eng Taxe stëmmen, dass d'Betriber ...*

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
*Jo dat hunn ech verstan, mee mir kenne elo keng Taxe stemmen, mir hu kee projet de règlement, mir kennen héchstens elo décidéieren, dass mir op de Wee ginn an iech dann e Reglement bréngen, wat och eiser lokaler Situatioun ugepasst ass. Ass dat äre Wonsch?*

*Ech mengen, mir mussen eis dat emol ukucken, 100 Euro den Dag ass schonn ... Prinzipiell, Här Weiler, déi Idee schwieft hei zënter enger Partie Joeren ronderëm, well ech ënnerschreiwe relativ vill der Empiètementer. Wann d'Chantieren esou laang daueren muss een sech e Moyen ginn, eng Taxe huet natierlech den Avantage, dass se der Gemengekeess eppes bréngt an d'Leit e bëssen responsabiliséiert. Prinzipiell hunn ech näischt dogéint mee ech sinn net alleng Meeschter fir esou e Reglement ze stemmen dofir brauche mir eng Majoritéit am Gemengerot.*

**Romain Daubenfeld (Conseiller, LSAP)**
*Ech hunn och kee Problem domat. Déi Fro déi ech mir stellen ass, ween kontrolléiert dat do? Ass dat déi berühmte Bautepolizei déi mir net hunn, oder de Pechert? Dat ass nees déi Saach déi mir scho Joeren monéieren, dass mir déi Bautepolizei net hunn, dat läit jo an deene Kompetenzen. Dann fannen ech d'Taxen e bëssen iwwerdriwwen, déi sinn hefteg, awer zumindest eppes ze maachen fir den Drock ze héijen dass d'Voie publique net ze laang blockéiert gëtt, domat kann ech liewen.*

**Viviane Petry (Conseiller, déi gréng)**
*Meng Fro war och wei dir iech dat virstellt wei dat soll kontrolléiert ginn, zum Beispill ab der drëtter Woch soll bezuelt ginn, wee seet do, elo ass et esou wäit.*

**Camille Thomé (Conseiller, CSV)**
*Ech well just soen, mir hunn elo eppes hei virgeluecht, wou dir elo domat kennt schaffen. An wann des Taxen net passen maacht dir en anere Präis, mir soen jo net dir musst déi 100 Euro asetzen.*

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
*Merci Här Thomé, dat war jo meng Fro un den Här Weiler, fir elo e Reglement ze stemmen, mir stellen elo eng Piste op an kommen an de Gemengerot zeréck.*

**Jean Weiler (Conseiller, CSV)**
*Ween dat soll kontrolléieren? De Service Technique mécht elo och regelméisseg Kontrollen vun de Chantieren, dat heescht de Service Technique misst Rapporten hunn an wéinegem Zoustand de Chantier ass, dann kéint een dat einfach feststellen wann een laanscht fiert. D'Verrechnung misst och mensuell gemach ginn, dass een net risege Montanten hannendrun leeft. Och misst et d'Ureegung ginn op Chantieren verschidden*

*technesch Installatiounen um eegenen Terrain z'installéieren amplaz um ëffentleche Raum. Op d'Präisser ze héich sinn kann een diskutéieren, 30 Euro den Dag mécht op d'Joer ronn 10.000 Euro.*

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
*Wa mir iwwer de Prinzip diskutéieren sinn jo all d'Optiounen op.*

**Romain Becker (Conseiller, DP)**
*D'Fro vun der Kontroll stellt sech jo bei engem Koup Saachen am Bauberäich. Normalerweis muss een jo eng Demande machen fir eng Stee um Trottoir opzeriichten an normalerweis misst ee kenne soen wei laang et dauert. Wann et dann fënnef Wochen dauert weess déi Persoun dann, dass et ab der drëtter Woch eppes kascht a kann bei der Geleeënheet schonn direkt bei der Demande eppes op den Dësch leeën. Dat ass eng praktesch Approche.*

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
*Wann et eng Baugenehmegung gëtt mat engem Volet "empiètement sur la voie publique" muss dee Volet eben déclenchéiert ginn, méi ass et net. De Problem ass natierlech d'Gestioun vun der Kautioun. Wa vill Kautiounen opgehuewe ginn, huet de Receveur ... dat ass eppes wat mir musse feststellen wann een den Domaine public verléisst, dass dann alles an der Rei ass an mir net den Entrepreneure mussen nolafen. Mir analyséieren dat nach emol zesummen. Haut ass jo "outstanding" dass d'Oppositioun fuerdert eng Taxe anzeféieren, dat hate mir och nach net all Dag.*

**Patrick Brücher (Schäffen, déi gréng)**
*Wéi eng Auswierkungen huet dat dann op kleng Bauhären, déi sinn souwisou net drun interesséiert, dass e Chantier sech éiweg zitt an zweetens wann do ob eemol immens Käschten ob déi zoukommen, op e Privatmann, dat ass e Batz Geld. Iert mir eng "décision de principe" huelen wéilt ech awer wëssen wei dat sol ausgesinn.*

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
*Also d'"décision de principe" ass fir eng Taxe d'empiètement ze schafen, wa mir der Meenung sinn, dass verschidde Leit eng Dérogatioun kréien well et Eefamilljenhaiser sinn oder soss, da musse mir déi schafen. Fir mech ass den Dossier komplett op. Ech mengen et geet en Ënnerscheed tëscht engem Promoteur den en Appartement mat 16 Wunnengen baut an engem privaten den doheem e puer Metercarré brauch fir eng Stee opzeriichten fir seng Fassade nei ze machen, déi Differenzéierung musse mir machen, sou sozial denkend sinn mir awer.*

**Romain Becker (Conseiller, DP)**
*Ech wollt dat selwecht soen, dëst ass de Prinzip, mee d'Détailler muss een nach schwätzen. D'Idee hannendrun ass net fir Suen ze machen mee fir d'Sécherheet ze garantéieren.*

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
*Sidd dir d'Accord mat der Approche, Här Weiler?*

**Jean Weiler (Conseiller, CSV)**
*Ech sinn domat d'Accord. Zu deene klenge Bauhären, meeschtens sinn et net si déi den Trottoir blockéieren, dofir ass an dësem Modell virgesinn eng Karenzzäit wou d'Taxe net erhuewen gëtt, fir dass kleng Chantieren net drënner falen.*

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
*Här Weiler, den "meeschtens" stéiert mech, dofir muss festgehal ginn ënner wéi engen Konditiounen déi Taxe gräift an wéini net. Do fanne mir awer Léisungen, dofir huet een e Griffel fir dat zu Pabeier ze bréngen. Also, de Prinzip vun der "taxe d'empiètement", déi di mat d'Accord sinn bieden ech em en Handzeechen. Ass een dogéint, enthält een sech?*

EESTËMMEGE VOTE

*Da komme mir zum zweete Punkt.*

**Jean Weiler (Conseiller, CSV)**
*Dat ass e klenge Punkt, e puer Elteren déi en Uleies un mech erubruecht hunn, dass se Problemer haten mat der Umeldung fir d'Maison relais, dass se déi missten um Internet eroflueden. Et sinn nun mol Leit déi keen Internetuschloss hunn, respektiv esou kënneg sinn fir dat ze maachen. Ech wollt froen ob et net méiglech wier dat differenzéiert ze maachen, deenen déi eng Email Adress hunn per Mail ze schécken an deenen aneren déi dat net hunn am Pabeier ze schécken, fir dass si och am Délai hir Kanner kennen umellen.*

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
*Här Weiler, mir hunn eng Enquête gemach an festgestallt dass dat en Novum ass, dass d'Leit sech dat kennen um Site eroflueden, well vill Leit reklaméiert hunn, dass de Courrier ni bei hinnen doheem ukomm ass. De Fait, op den Internet ze goen, ass schonn eng Reaktioun op e Mëssstand. D'Solutioun ass, dass mir alles per Recommandé avec Accusé de Réception schécken, fir dass jiddereen bei den Här Birchen op d'Post ka goen fir ze beweisen ... Elo ass et esou, dass d'Kanner en Ziedel mat heem kréien, ass dat d'Praxis? Jo? Ech weess net wou de Problem ass, et ass net esou dass een nëmme kann um Internet eroflueden. Et gëtt och Pabeier geliwwert wann dat gefrot ass. Ech ginn dem Här Brücher d'Wuert et ass séin Rayon.*

**Patrick Brücher (Schäffen, déi gréng)**
*Déi Méiglechkeet besteet, et kann een sech déi Pabeieren per Post heem schécke loossen, oder an de Service laanscht goen an sech se do ofhuelen, dat ass alles kee Problem. Fir déi meescht Leit ass et komfortabel wann si sech dat kennen online eroflueden an doheem ausfëllen.*



**Jean Weiler (Conseiller, CSV)**
*Jo et sinn awer e puer Leit an meeschtens sinn et leider och déi sozial schwach déi Problemer hunn mam Ëmgang mam Internet an mat Dokumenter.*

**Patrick Brücher (Schäffen, déi gréng)**
*Mir kommen hinne gären entgéint, si musse just Kontakt mam Service ophuelen an dann dierft dat kee Problem sinn.*

**Jean Weiler (Conseiller, CSV)**
*Okay.*

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
*Bon, dass gutt dass et ugeschwat ass, mee de Problem besteet net esou.*
*Sou, Sécherheetsrisiko, Här Weiler?*

**Jean Weiler (Conseiller, CSV)**
*Souwäit ech weess war en um halwer 1 nach do ...*

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
*E war och um 2 nach do, well ech si laanscht gefuer.*

**Jean Weiler (Conseiller, CSV)**
*An um 3 war en amgaang ewechgeholl ze ginn ...*

**Romain Becker (Conseiller, DP)**
*Se waren amgaang en ewech ze huelen, ech hat dat gesinn.*

**Jean Weiler (Conseiller, CSV)**
*Do waren déi Offlossréier op der Kräizung rue Notre-Dame an Biermecht, déi waren net anstänneg geséchert an sinn ewechgeholl ginn, dat ass gutt well do ass eng Pente an déi hätte mol kéinten do erof rullen.*

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
*Dir hutt dat gesinn, verschidde Saache kommen duerch d'Gewunnecht, ech hunn net gesinn dass et ee Sécherheetrisiko war. Eisen Ingénieur huet Kontakt geholl mam Entrepreneur. Firwat leien déi Réier do? Well nach muss en Kanaluschloss gemaach ginn, awer soulaang mir an der Waassergaass schaffen kenne mir net och d'Biermecht zoumaachen, dofir loung dat do. Wat keng Entschëllegung ass, ech fannen et gutt, dass dir drop higewisen hutt. Mir hunn den Entrepreneur drop higewisen, dass et een Sécherheetsrisiko ass, si sollen se ewech huelen, "un point, c'est tout". Dat ass also Satisfaktioun. Mir hunn et awer net just gemach fir publikumswirksam ze sinn. (laachen)*

**Jean Weiler (Conseiller, CSV)**
*Dann de Blummemoart, wat ee groussen Erfolleg war an och vill Luef fir d'Gemengepersonal bruecht huet, wat dann awer bemängelt ginn ass vu verschiddenen Participanten, war dass de Spullweenchen net zum Asaz komm ass, woubäi dëst eng Geleeënheet gewiescht wier, eng gréisser Manifestatioun, vun der Gemeng organiséiert, an am Geescht vum Klimapakt, Offall hätt kenne vermeide ginn.*

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
*Här Weiler, wisou de Spullweenchen deen Dag net agesat ginn ass, ass mir perséinlech och schleierhaft. Mir hunn natierlech nogefrot an d'Erklärung vum Service kritt dass dat geografesch zevill disperséiert ass fir deen Weenchen anzesetzen, wat natierlech net verhënnert, dass een en am Perimeter X asetzt, bei verschiddene Stänn an op anere Plazen ... bon, fir mech ass et einfach en "oubli" gewiescht vum Service, fir en net anzesetzen. Méi kann ech leider net dozou soen. D'Madame Petry schéngt méi ze wëssen ...*

**Viviane Petry (Conseiller, déi gréng)**
*Nee, nee! An der grénger Fraktioun hu mir iwwerluecht gehat de Spullweenchen unzefroen, mee mir hunn dëst Joer kee Gedrénks verkaaft. Mir hunn gemengt, dass Leit, déi e Comptoir haten, schonn de Spullweenchen ugefrot haten. Doduerch ass et dass mir als déi gréng de Spullweenchen net gefrot hunn.*

**Romain Becker (Conseiller, DP)**
*Ech hunn eng Suggestioun fir d'Kommunikatioun ze verbesseren, dir kéint jo an der Entrée vun der Gemeng schreiwen "mir sinn eng Spullweenchen Gemeng"... (laachen)*

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
*Wat een Zynismus. Wat awer wichteg ass, am Bulletin war en Formulaire fir de Weenchen ze sollicitéieren, et huet awer keen, ausser der grénger Fraktioun déi kee Gedrénks servéiert huet, keen en sollicitéiert. Mir mussen e bëssen méi mat der Werbetrommel réieren. Also wa mir d'Initiativ de Veräiner iwwerloossen ... dat huet elo net geklappt, mee Nationalfeierdag ass en mat Sécherheet am Asaz.*

**Patrick Brücher (Schäffen, déi gréng)**
*Déi Prozedur ass net immens schwiereg, um Internetsite vun der Gemeng fënnt een Informatiounen an e Formulaire.*

**Romain Becker (Conseiller, DP)**
*Ech denken, dass et war dass jiddereen dovun ausgaangen ass, d'Gemeng organiséiert dann wäert de Weenchen do sinn. Nationalfeierdag ass et jo och d'Gemeng déi d'Plaz organiséiert, ech denken de Mëssel ass vun do komm.*

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
*An deem Sënn ass des Diskussioun wichteg, d'Kommunikatioun schéngt net esou ze funktionéieren. Mir schwätze mat eisem Responsabel vun der Kultur, dass een dat méi soll ënnert d'Leit bréngen, well de Spullweenchen ass mat Sécherheet net konzipéiert fir am Schapp ze stoen an séin Zweck net z'erfëllen.*

*Gutt, beäntwert dat är véier Froen Här Weiler? Gutt, bis dohin soe mir Merci an dann ass et um Patrick Krings. Här Krings, ech hunn um Wikipedia erauskritt wat en Hermizid ass, et ass en Ennergrupp vun alles wat Pestizid ass.*

**Patrick Krings (Conseiller, DP)**
*Mir haten eng Diskussioun iwwert den Asaz vu Pestiziden an do ass eng Publikatioun vun der SICONA erauskomm an do war eng Opzielung vu Gemengen déi eng politesch Décisioun geholl hunn fir gänzlech op Pestizidien ze verzichten, an do war eis Gemeng awer net dobäi. Ech hu geduecht, vu dass mir eng Gemeng sinn déi sech fir déi gréng Belaang asetzt, dass mir och sollten esou eng Décisioun huelen.*

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
*Ech muss iech soen, dass mir hei genau an der selwechter Logik sinn wei mat de Punkte beim Klimapakt, mir hunn ze bréngen. Eise Service jardinage verzicht séit Joeren weitestgehend ob sämtlech Form vu Pestizidien. D'Fro ass wat fir Konsequenzen, wat fir e Kriterienkatalog, wat ass d'Norm? Geet dat elo duer, dass mir soen mir verzichten komplett? Eise Gärtner huet nach heiansdo en Besoin fir op verschiddene Plazen. An och ästhetesch, eng Wiss muss gréng a säfteg sinn, do musse mir och emol kommunizéieren, dass dat net onbedingt ökologesch wäertvoll ass. Dofir meng Fro Här Krings, kenne mir dat einfach esou décidéieren ouni de Massnahmekatalog ze kënnen.*

**Patrick Krings (Conseiller, DP)**
*Also et ass jo net fir haut eng Décisioun ze huelen, et ass e Wee de mir sollen aschloen, an eis erkënnegen wei se et an anere Gemengen maachen, déi des Décisioun scho geholl hunn an eis e wéineg un hinnen orientéieren.*

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
*Ech ginn dem Här Brücher nach d'Wuert, de well e puer Saachen dozou soen. Mee Här Krings, wann et doröms geet prinzipiell dës Décisioun ze huelen sinn ech dofir.*

**Romain Daubenfeld (Conseiller, LSAP)**
*Nodeems ech dëst haut ausgedeelt krut mat deene Pestizidien, an nodeems dass ech mat der Madame Petry driwwer geschwat hunn, hunn ech keng Bedenken. Dach ee Bedenken, wann fënnef Deeg virun engem Gemengerot e Bréif erakënnt deen ee soll liesen, Gott sei Dank ass dësen net schwéier well et ass nëmmen ee Saz … (laachen) … dat kann jo net sinn.*

**Patrick Krings (Conseiller, DP)**
*Et ass jo just doröms gaangen …*

**Romain Daubenfeld (Conseiller, LSAP)**
*Jo mee dat geet aus dem Bréif hei net ervir. No all deenen Erklärungen déi mir elo kritt hunn, hunn ech domat kee Problem. Mee den Här Brücher brennt effektiv fir eppes ze soen.*

**Patrick Brücher (Schäffen, déi gréng)**
*Pestizid fräi Gemeng, dat ass keen neit Thema, mir hunn eis mam Service jardinage doriwwer ënnerhalen, ouni no baussen eng politesch Entscheedung ze huelen, dat aus verschiddene Grënn. Eise Service jardinage schafft schonn immens ökologesch, si hunn souwäit eist Vertrauen, dass an sou Fäll nëmmen Gespréicher mam Chef de Service duerginn fir esou Projeten an d'Weeër ze leeën. Zweetens ware mir eis net ganz sécher wat mat dem Begréff pestizidfräi gemengt ass, ënner Pestizidien falen och Insektiziden an Rodentiziden, zum Beispill géint Raten, wa mir Kloen vun de Bierger hunn an mussen op verschiddene Plazen eppes ënnerhuelen, an bei Insektiziden, dei kommen och vereenzelt zum Asaz, mee dat si reng biologesch Produiten, zum Beispill wa mir Beem musse schützen virun engem Raupebefall. Wa mir wierklech komplett verzichten sinn och esou Mesuren net méi méiglech. Ech well och betounen, dass mir, ofgesinn vun dëse Mesuren, schonn Herbizidfräi sinn, mat zwou Ausnamen, de Kierfecht wou eng gewësse Sensibilitéit bei de Leit ass, do kommen heiansdo biologesch Produiten op Basis vu Geraniensaier zum Asaz fir d'Wëllkraut ze bekämpfen. An zweetens, dat ass fir den Här Gonçalves wichteg, um Fussballsterrain, wou mir an deene leschten 15 Joer eemol hu missten agräifen mat Herbiziden, an dat war en Quantitéit vun 200 Milliliter iwwert d'ganzt Joer verdeelt. Dir gesitt mir schwätzen hei net vun wesentlechen Quantitéiten déi d'Natur beaflosse kéinten. Doriwwer eraus well ech betounen, dass mir eng vun deenen éischte Gemenge sinn déi op de Wee vum torffräie Gärtnere gaange sinn, well Torf e Biotop ass deen an masse ofgebaut gëtt, an doduerch Biotopen zerstéiert ginn.*

*Ech sinn net ofgeneigt eng prinzipiell Décisioun ze huelen, mir musse just kucken wei wäit mir kennen goen an wat d'Kriterien sinn, net dass herno gesot gëtt mir maachen dat nëmmen fir e weidere Sticker ze kréien. (Laachen)*

**Romain Becker (Conseiller, DP)**
*De SICONA ass e Syndikat wou mir iwwert déi leschte Joeren relativ vill Suen dragestach hunn an och ëmmer e Retour kritt hunn, et ass eent vun de Syndikater wou een konkret gesäit wat um Terrain geschitt. Si kenne jo d'Kriterien, dofir misste mir villäicht un dem Niveau nohaken. D'Aarbecht ass hei schonn ëmmer propper dokumentéiert ginn vum Gemengegärtner, d'Bewosstsinn ass schonn do, ech denken d'Ëmsetzung kann net ganz schwiereg sinn.*

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
*Den Här Krings ass jo d'Accord dass mir elo en "décision de principe" huelen an dann ginn mir an der Landkaart vun de Gemengen och donkelgréng well mir komplett op Pestiziden verzichten, awer de Kriterienkatalog kucke mir no an dann huele mir e formale Vote. Mir sollen déi Saachen kontradiktoresch diskutéieren wou mir net enger Meenung sinn, hei si mir enger Meenung. Insistéiert dir op e Vote?*

**Patrick Krings (Conseiller, DP)**
*Nee nee, ech hunn och kee gefrot. Ech si frou dass mir schonn esou wäit sinn.*

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
*An dem Kontext hunn ech gëscht an enger Zeitung gelies, dass ganz Kolumbien mam "Round-up" gesprëtzt gëtt fir eng Zort Kraut kleng ze kréien. Dat wat eis elo am "immédiat" betrëfft ass den Territoire vun der Gemeng Kayl.*

**Viviane Petry (Conseiller, déi gréng)**
*Ouni Pestiziden bedeit jo och spéider eng Ännerung vun eisem Schéinheetskonzept. Pestizidien ginn agesat fir onerwënscht Plazen z'éliminéieren, an wat sinn onerwënscht Planzen? Fir deen een ass eng Anlag net gepflegt well Brennesselen oder Pissblummen drastinn, fir den aneren ass et wäertvoll well et wichteg ass fir Insekten. Do musse mir och emol driwwer schwätzen, an ass eis Bevëlkerung op der Säit, net dass se herno soen d'Gärtner déi schaffen näischt well iwwerall wiisst Onkraut. Dann ginn et nach d'Präisser vun de schéinen Dierfer, do misst een och mat de Responsabelen schwätzen, wat sinn d'Kriterien fir e Präis. Als Gréng wäre mir immens frou iwwert eng politesch Décisioun, mee et hängt nach e bëssen Ëffentlechkeetsaarbecht drun.*

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**
*Voilà, dann hu mir den Tour gemach an mir maachen déi ëffentlech Sitzung zou.*



## Conseil communal Séance du mardi, 19 mai 2015

**Présent :** John Lorent, Bourgmestre, Patrick Brücher, échevin, Romain Becker, Astrid Belleville, Carlo Birchen, Romain Daubenfeld, Patrick Krings, Nico Migliosi, Viviane Petry, Camille Thomé, Jean Weiler, Conseiller, Nadine Braconnier, Secrétaire.

**Absences**: Marcel Humbert, échevin

**Ordre du jour :**

1. **Correspondance et informations**
   - 1.1 Décompte 2014 – Office social
2. **Contrats et conventions**
   - 2.1 Transaction M. Murati
   - 2.2 Convention 2015 Jugendtreff
   - 2.3 Convention SICONA/Weber
   - 2.4 Contrat de bail Bressler
3. **Finances communales**
   - 3.1 Etat des recettes restant à recouvrer à la clôture de l'exercice 2014
   - 3.2 Modification budgétaire – Réaménagement de la Cour de l'école de Tétange
   - 3.3 Devis – installation d'abris de bus
   - 3.4 Décompte 2014 Jugendtreff
   - 3.5 Budget 2015 Jugendtreff
   - 3.6 Don – Pharmaciens sans frontières – Séisme au Népal
4. **Environnement**
   - 4.1 Avis projet de plan des risques d'inondation
   - 4.1 Charte pacte climat
5. **Points portés sur l'ordre du jour par Messieurs Jean Weiler et Patrick Krings**
6. **Questions des conseillers**

### 1. Correspondance et informations

**Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP)** accueille toutes les personnes présentes et tient à excuser Monsieur Marcel Humbert pour son absence liée au décès de son fils. Il exprime ses plus sincères condoléances au nom de toutes les fractions. Monsieur Jean Weiler (conseiller, CSV) et Monsieur Romain Becker (conseiller, DP) souhaitent ajouter le point « Transaction M. Murati » sous « Contrats et conven-

tions » à la séance à huis clos. Monsieur le bourgmestre acquiesce et soumet cette requête au vote, car selon le règlement communal une discussion autour d'une convention doit se tenir en séance publique.

***VOTE UNANIME***

Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP) explique que dans la précipitation, l'acte notarié pour le contrat de bail Bressler n'a pas été signé ; la commune n'est donc pas formellement propriétaire du terrain en question. Tant que cet acte n'est pas signé, le contrat ne peut être discuté en séance publique. Il propose donc de supprimer ce point de l'ordre du jour.

***VOTE UNANIME***

**Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP)** informe le conseil que le coût d'installation de l'exploitation pour le compte de la société avicole est plus élevé que prévu. De ce fait, le chantier a été stoppé jusqu'à nouvel ordre. La société avicole est le maître d'ouvrage pour ce projet et perçoit des subsides. Le devis initial prévoyait 403.912 euros et la question de la prise en charge des coûts supplémentaires se pose désormais. La société avicole a entretemps envoyé un courrier au Ministre de l'agriculture afin de percevoir un subside supplémentaire ; ce subside s'élèvera à 59.000 euros. Le conseil communal se penchera sur ce point une fois que la question du financement aura été discutée avec la société avicole. Monsieur le bourgmestre introduit ensuite le point du financement du Late Night Bus. La convention signée pour celui-ci expire le 31 août 2015 et il faudra dès lors prendre une décision sur la prolongation ou non de ce service. Il laisse la parole à Monsieur Romain Daubenfeld (conseiller, LSAP) au sujet du décompte 2014 de l'Office social.

**1.1. Décompte 2014 Office social**

**Monsieur Romain Daubenfeld (conseiller, LSAP)** rappelle que la loi du 1er janvier 2011 prévoit une aide sociale pour toute personne en détresse. Cette aide sociale se base sur un accompagnement en trois étapes ; elle s'étend sur un court, moyen ou long terme et peut être financière ou matérielle. L'accompagnement moral joue un rôle crucial afin d'aider les personnes en détresse. Le rapport d'activité fait ressortir le fait que très souvent les personnes en détresse ont trouvé le soutien moral nécessaire et ont regagné leur autonomie. Il tient à remercier les deux assistantes sociales pour leur travail en 2014 ; elles doivent assurer un suivi de chaque dossier, être à l'écoute et prendre les bonnes décisions. Il remercie ensuite le receveur et Madame la secrétaire pour leur aide en matière administrative. Il note aussi le fait que chaque fraction politique au sein du conseil communal a pu traiter de concert certains dossiers afin d'aider les personnes dans le besoin. Monsieur Romain Daubenfeld présente quelques chiffres pertinents issus du décompte : la commune de Kayl-Tétange compte 13.260 habitants ; le taux de chômage s'élève à 8,62% à Kayl et à 11,21% à Rumelange en 2014. Le taux au niveau national est de 7,95%. Le risque de pauvreté s'élève à 15,9%. Chaque année, environ 400 dossiers sont traités. Pour illustrer ce que représente un dossier, Monsieur Daubenfeld précise que les 214 dossiers traités à Kayl équivalent à 537 personnes et que les 157 dossiers traités à Rumelange équivalent à 456 personnes ce qui fait un total de plus de 1.000 personnes qui ont recours à l'aide sociale. Parmi les personnes en détresse, 37% sont des familles, 36% sont des familles monoparentales, 18% sont des couples et 19% sont des grandes familles. La majorité des personnes concernées sont âgées entre 40 et 49 ans. Le plus gros problème rencontré est lié à des impasses financières, le second est lié à la précarité du logement. Dans ce contexte, il souligne que la commune a décidé de ne pas payer de caution pour la location de logements afin d'éviter tout abus. En dernier lieu, Monsieur Daubenfeld explique que sur 371 dossiers traités en conseil, 70 ont reçu une aide financière, les autres ont bénéficié d'un accompagnement autre (p.ex. accompagnement aux administrations etc.) Monsieur Romain Daubenfeld (conseiller, LSAP) termine par exprimer son souhait de voir les bâtiments de l'office social être rénovés afin d'offrir plus de dignité aux personnes en détresse. Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP) remercie Monsieur Daubenfeld et lui rappelle qu'une architecte est en train d'établir les plans pour la rénovation des bâtiments de l'Office social avant qu'un devis soit soumis au conseil communal.

## 2. Contrats, conventions

**2.1. Convention 2015 Jugendtreff**

**Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP)** laisse la parole à **Monsieur Patrick Brücher (échevin, déi gréng)**. Monsieur Patrick Brücher chiffre la participation financière de la commune dans la convention signée avec le Jugendhaus (Maison des Jeunes) à 132.848 euros. 112.000 euros sont prévus pour les salaires et 20.000 euros pour les frais de fonctionnement. Il est heureux de pouvoir annoncer que le pourcentage de participation de filles est en hausse (+6%) et que de nombreux projets ont été lancés dans ce but. Il félicite le travail du Jugendhaus. Monsieur le bourgmestre John Lorent ajoute que le point lié au



Jugendhaus sera remis à l'ordre du jour dans le cadre du décompte 2014 et le budget 2015.

***VOTE UNANIME***

**2.2. Convention SICONA – Weber**

**Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP)** présente une affaire courante au sujet de la convention signée entre le SICONA et Madame Aline Weber afin d'installer huit grands arbres le long du couloir sur le Hasselerwee.

***VOTE UNANIME***

## 3. Finances communales

**3.1 Etat des recettes restant à recouvrer à la clôture de l'exercice 2014**

**Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP)** transmet une remarque émanant du receveur au sujet de la baisse de 65.000 euros du montant des arrérages de 2014. Les décharges quant à elles sont réduites à 11.000 euros.

Monsieur le bourgmestre insiste pour remercier le travail fastidieux fourni par le receveur, sa collègue, Madame Weiler qui part à la retraite cette année et les autres fonctionnaires du service.

***VOTE UNANIME***

**3.2. Modification budgétaire – Réaménagement de la cour de l'école de Tétange**

**Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP)** annonce que le réaménagement de la cour de l'école de Tétange entraîne un surcoût. Monsieur Patrick Brücher (échevin, déi gréng) explique que lors de l'aménagement d'espaces verts dans la cour d'école, il a été constaté que le macadam est pollué par hydrocarbures aromatiques polycycliques et devra être éliminé en Allemagne. Le même cas de figure s'est présenté dans la rue de l'Eau. Le surcoût s'élève à 40.000 euros. Monsieur le bourgmestre propose une modification budgétaire afin de couvrir les dépenses supplémentaires. Il tient également à ce que le service technique procède à une analyse des PAK à chaque fois qu'une route ou une installation requiert l'utilisation de macadam. Il signale que des parents d'élèves sont inquiets, car l'entrepreneur serait venu charger des camions pendant les heures de classe. Monsieur Romain Becker (conseiller, DP) confirme qu'un camion a bien traversé la cour d'école pendant les heures de classe et que les enseignants ont dû assurer la protection des enfants. Monsieur le bourgmestre est étonné d'avoir deux versions du déroulement des faits et souhaiterait y voir plus clair.

***VOTE UNANIME***

**3.3 Devis installation d'abris de bus**

**Monsieur Patrick Brücher (échevin, déi gréng)** rappelle qu'en 2014 il avait été décidé d'établir un inventaire des arrêts de bus de la commune et de définir ceux qui pourraient être abrités. Il remercie Monsieur Raymond Künsch pour le dossier complet qu'il a préparé dans lequel on peut voir que 13 arrêts de bus pourront être abrités. Le devis s'élève à 229.196 euros et 65.000 euros avaient été prévus dans le budget. Il laisse la parole à Monsieur Künsch pour les détails du projet.

**Monsieur Raymond Künsch (Service technique)** raconte qu'il a lui-même évalué l'état de chaque arrêt de bus existant et établi une liste de ceux qui pourraient se voir couverts d'un abri. 13 arrêts de bus sont concernés et il prévoit d'y installer les mêmes abris bus que dans le quartier du Brill, car ils sont de très bonne qualité. Les critères que doivent remplir ces arrêts sont les suivants : ils doivent être couverts si possible, avoir des paravents sur les côtés et un banc pour s'asseoir. Monsieur Patrick Krings (conseiller, DP) tient à remercier Monsieur Künsch et le conseil communal pour le travail effectué, car c'est de cette manière que les transports en commun pourront être modernisés. Il est primordial d'encourager les personnes à prendre les transports en commun. Il demande si l'arrêt numéro 10 près de la Schungfabrik qui ne peut pas être abrité, pourrait alors être déplacé 50 mètres plus loin. Monsieur le bourgmestre attend d'avoir les données sur les usagers des différents arrêts de bus avant de faire un choix. Monsieur Camille Thomé (conseiller, CSV) félicite ce projet et rappelle qu'il y a deux ans cette demande avait déjà été faite, ais que l'installation de stands de vélos avaient été favorisée. Il s'interroge sur le prix des panneaux d'affichage chiffrés à 723 euros et souhaiterait savoir quels matériaux sont utilisés pour les fabriquer. Monsieur Raymond Künsch posera la question à la société en charge de l'installation des abris bus, car ces panneaux sont livrés avec les abris. Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP) met en exergue le fait que le mobilier urbain coûte cher si l'on veut une certaine qualité. Monsieur Patrick Brücher rappelle qu'il s'agit des mêmes arrêts de bus qu'il y a des années et qu'ils ne datent pas de la dernière législature. Il faut désormais se pencher sur des dossiers délaissés par les législatures passées.

Monsieur Camille Thomé rétorque qu'il ne voit pas énormément de personnes aux stands de vélos alors qu'aux arrêts de bus oui. Monsieur le bourgmestre John Lorent ramène de l'ordre dans la discussion et remercie Monsieur Künsch pour son intervention.

*VOTE UNANIME*

**3.4 et 3.5 Décompte 2014 et Budget 2015 Jugendtreff**

Monsieur Patrick Brücher (échevin, déi gréng) expose le décompte 2014 du Jugendtreff. 8.972,59 euros devront être reversés à la commune, car le Jugendtreff n'a pas consommé tout le budget qui lui était alloué. Ce reliquat peut être expliqué par le fait que certains projets n'ont pas pu être réalisés p.ex. le « gréngen Daum » à 4.000 euros destiné à planter du gazon devant le bâtiment. Ce projet n'a pas été réalisé, car les travaux de la Maison relais ont débutés. De plus, les frais de fonctionnement étaient moins élevés que prévu. Au sujet du budget, il explique qu'il représente 279.679 euros, soit 20.000 euros de plus par rapport au décompte de 2014, car les salaires ont augmenté.

**Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP)** soumet le décompte 2014 du Jugendtreff au vote du conseil communal.

*VOTE UNANIME*

**Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP)** soumet le budget 2015 du Jugendtreff au vote du conseil communal.

*VOTE UNANIME*

**3.6 Don "pharmaciens sans frontières" –Séisme au Nepal**

**Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP)** explique que la commune a inscrit 6.000 euros dans le budget sous la dénomination « aide au tiers Monde » et qu'il y a lieu de verser 3.000 euros en aide aux victimes du séisme au Népal. Le don sera transmis à l'association « Pharmaciens sans frontières ». Monsieur Romain Daubenfeld (conseiller, LSAP) signale que dans la délibération, l'on parle de 3.600 morts alors que le chiffre des victimes atteint les 8.000. Monsieur le bourgmestre rétorque que le chiffre exact importe peu et qu'on y mentionnera « de très nombreuses victimes ». Monsieur Romain Becker (conseiller, DP) approuve le fait de choisir l'association « Pharmaciens sans frontières » plutôt que de livrer des denrées et de risquer une déstabilisation de l'économie locale. Monsieur Jean Weiler (conseiller, CSV) est lui aussi en faveur de l'association choisie et espère que de l'aide sera apportée aux victimes.

*VOTE UNANIME*

**4.1. Avis – projet de plan des risques d'inondation**

**Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP)** constate que ce projet est à la traine, car au début il a été difficile de trouver la bonne personne pour le prendre en charge. Entretemps, le conseiller écologique a pris ce projet en main et fourni un très bon travail. Monsieur le bourgmestre détaille ce projet, provienant d'une directive européenne. Le document fait 245 pages ; les cinq communes luxembourgeoises concernées sont situées dans la vallée de l'Alzette : Roeser, Bettembourg, Schifflange, Esch et Sanem. La commune de Kayl n'est pas reprise dans ce document, car elle est une commune affluente de l'Alzette. La Kälerbach ne constitue pas un risque d'inondation et n'est pas prévue comme bassin de rétention. La Ville de Luxembourg (surtout les quartiers du nord) et la commune d'Hespérange sont touchées par les risques d'inondation. Les tractations avec les cinq communes commenceront dès maintenant.

**Monsieur Romain Becker (conseiller, DP)** déplore le fait de n'avoir reçu aucune information au préalable et de devoir découvrir le contenu du projet sans détails supplémentaires. Il insiste sur le fait que la collaboration entre les communes est primordiale, mais qu'il espère avoir des explications prochainement. Monsieur Jean Weiler (conseiller, CSV) a lu l'avis au sujet des cinq communes auxquelles la commune de Kayl va se rallier dans ce projet. Il estime que même s'il n'y a actuellement pas de problème d'inondation à la Kälbach, ceci ne veut pas dire qu'il n'y en aura jamais. Le projet Kayl Nord entraînera peut-être de tels problèmes et il faudra en tenir compte. Monsieur Patrick Brücher (échevin, déi gréng) ajoute que pour traiter un tel dossier, la commune a besoin d'expertise et c'est pour cela qu'un service écologique au sein de la commune s'avère être primordial. Il propose de voter le projet tel quel et de le soumettre à nouveau au conseiller écologique avec les questions soulevées par Monsieur Weiler. Monsieur le bourgmestre rappelle que personne n'a réclamé au sujet de la Kälerbach, car elle n'est pas reprise dans le dossier ; il répond à la remarque du plan Nord de Kayl en expliquant que dans les années 1970 un canal a été construit afin d'évacuer l'eau. Il propose que la commune de Kayl se rallie aux communes participant au projet (la commune de Rumelange est du même avis). Il insiste sur le fait qu'il faut voter l'avis ce jour et qu'il faudra analyser les 245 pages du dossier.



***VOTE: LSAP et Déi gréng: en faveur – CSV et DP: s'abstiennent***

**4.2. Charte pacte climat**

Dans le cadre du pacte climat, Monsieur Patrick Brücher (échevin, déi gréng) explique que la commune doit définir un modèle de fonctionnement pour chaque domaine lié au climat tout en respectant les critères de la charte. Le conseiller écologique a établi un tel modèle avec des lignes directrices. Selon ce qui est repris dans la charte, la commune s'engage à réduire ses émissions de CO2 de 20%, à couvrir ses besoins énergétiques avec 20% d'énergies renouvelables et enfin à réduire ses besoins énergétiques de 20% jusqu'en 2020. Il est confiant que la commune pourra se tenir aux objectifs qui répondent aux lignes directrices au niveau national. Depuis la lecture du pacte climat en janvier 2015, la commune est passée de 9% à 39% dans la réalisation des critères exigés par le pacte. Elle passera a 50% avant la fin de l'année selon lui et une étude sera menée afin de contrôler combien de CO2 est produit par la commune.

**Monsieur José Gonçalves (conseiller, CSV)** demande si le projet du Pedibus sera repris dans le point 4 « mobilité » lorsque le projet Kayl Nord sera lancé. Le Pedibus contribuera à réduire les émissions de CO2 grâce au fait que les parents ne devront plus amener leurs enfants à l'école en voiture. Monsieur le bourgmestre corrige Monsieur Gonçalves et précise que le Pedibus ne sera pas lancé en même temps que le projet Kayl Nord. Monsieur Patrick Brücher doute que le Pedibus pourra être réalisé cette année, car certains problèmes se posent comme par exemple l'engagement de parents volontaires (le Pedibus de la commune de Schifflange s'appuie sur des parents qui se portent volontaires pour accompagner les enfants à l'école). D'après lui le Pedibus fera sens une fois que le projet des écoles de quartiers sera lancé. Le concept de la mobilité douce est dependant de l'étude sur la circulation.

**Monsieur Romain Daubenfeld (conseiller, LSAP)** met en exergue le fait que tous ces projets sont illusoirs tant que le problème du trafic ne sera pas résolu au niveau national. Monsieur Romain Becker (conseiller, DP) cite une phrase de Monsieur Erny Warken pour illustrer les propos de Monsieur Brücher : « faites n'importe quoi, mais agissez enfin » ; il deplore le fait que d'innombrables projets soient proposés, mais qu'ils ne soient pas mis en pratique, rien de concret n'en ressort. Monsieur Patrick Brücher est deçu de la manière dont Monsieur Becker s'adresse à lui et lui signale que l'augmentation de 9 à 39 % de critères realisé parmi le catalogue des critères ne s'est pas faite toute seule. Il estime que c'est la preuve que la commune investit beaucoup de travail dans la réalisation de projets pour la protection de l'environnement. Monsieur Romain Daubenfeld partage l'avis de Monsieur Brücher.

**Monsieur José Gonçalves (conseiller, CSV)** dit que si le Pedibus entre en vigueur après le projet des écoles de quartier, il partagera l'opinion de Monsieur Becker. Madame Viviane Schenten-Petry (conseiller, déi gréng) explique que le rapport de la dernière séance de la commission scolaire sera bientôt partagé ; le « séchere Schoulwee » y est abordé. Le volet « publication » du pacte climat est pour elle primordial et permet d'avoir une vue globale sur ce qui a été realisé jusqu'à aujourd'hui. Le conseiller écologique résumera les points les plus impactants pour la commune et les présentera au conseil communal. Monsieur Jean Weiler (conseiller, CSV) ajoute que le texte du pacte climat peut aussi être consulté auprès d'autres communes participantes, le contenu est toujours plus ou moins identique. Il s'interroge sur l'existence de données au sujet des valeurs de CO2 de la commune depuis 2013 et s'il est réaliste de viser l'utilisation d'énergies renouvelables pour couvrir 20 % des besoins en énergies de la commune.

**Monsieur Patrick Brücher (échevin, déi gréng)** rappelle qu'il n'existe à l'heure actuelle pas d'état des lieux sur la production en CO2 de la commune. Cette étude sera entamée avec le Klimabündnis et il est d'autant plus important de commencer avec le monitoring sur l'énergie. Il n'a pas de réponse quant à la question de savoir s'il est réaliste de viser les chiffres avancés ou non. Il est confiant et espère que la commune dépassera ses objectifs en 2020. Monsieur le bourgmestre clos le débat et résume la situation : l'inventaire est la priorité numéro 1 afin d'atteindre les objectifs. Il est conscient que le chemin qui mène aux résultats escomptés est semé d'embûches, mais ce document est très important et représente la première pierre de l'édifice.

*VOTE UNANIME*

**5. Points portés à l'ordre du jour par Monsieur le conseiller Jean Weiler**

**Monsieur Jean Weiler (conseiller, CSV)** présente son premier point relatif à l'introduction d'une taxe d'empiètement pour les chantiers qui utiliseraient des parkings, des trottoirs et des terrains communaux pour la durée de leurs travaux. Ceci éviterait que les chantiers ne perturbent l'espace public trop

longtemps. La taxe permettrait d'empêcher les sociétés de profiter des espaces publics alors que leurs chantiers n'avancent pas. Cette taxe est la même que celle introduite à Pétange. Un chantier d'une durée de deux semaines ne sera pas impacté par la taxe, celle-ci concerne les chantiers qui durent de trois semaines à un an et s'élève à 30 euros par jour. Entre le 13e mois et le 18e mois la taxe monte à 50 euros par mois, toute durée dépassant les 18 mois s'élèvera à 100 euros par jour.

